



Gruppen, déi mer eis do gesat hunn, a wou mer, wéi gesot, de 24. Februar wäerten an d’Kommissioun kommen ..., dat, fir en éischte Bilan ze maachen, wat an deene Gruppe gelaf ass, fir éischt konkreet Projeten och eriwwerzeginn, déi do schonn an d’Weeër geleet goufen an déi mer och kënnen op de Wee ginn, awer alles zesumme mat de Partner souwuel aus dem Beräich vun de Professions de santé wéi awer och de Vertrieder vun de Patienten. Do muss en Zesummespill kommen. An ech mengen, dat ass amgaangen ze entstoën. An ech mengen, de Gesondheetsdësch ass eng exzellent Plattform, fir dat kënnen ze diskutéieren.

An an där Diskussioun lafe grad am Kader vum GT5 Diskussiounen mat all deenen Acteuren, fir eeben och hei eng eenheetlech Approche am Beräich vun deene ganzen Traitementen vum Beräich eHealth respektiv och deenen neien elektronischen Hëllefsléischungen ze kréien. Déi Diskussioun leeft do a wäert sécher och virulafen, fir se duerno ganz kloer ze kadréieren.

Bon, ech soe Merci fir d’Nolauschteren a virun allem emol Merci fir dës Fro, déi, mengen ech, ganz wichteg ass an op déi mer mat Sécherheet an deenen nächste Méint a Joren nach eng kéier wäerten zrëckkommen. Merci bien.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools dem Här Sozialminister. D’Madamm Reding ..., also d’Parole après ministre ass net virgesinn an där Prozedur vun de Froen.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Här President, ech versprechen och, datt ech kee Problem schafen. Ech wollt just Merci soen, well dat war ganz wichteg, wat mer hei gesot krute fir déi zukünfteg Entwécklung. Et gëtt just eppes, wat net bemierkt ginn ass, an ech mengen, dat soll ee matabezéien, wann een un déi Saachen dann denkt.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Madamm Reding, mir sinn hei net an där doter Prozedur, datt Dir kënnt Positioun huelen.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Loosst mech just ... D’Apdikten, d’Apdikten ..., well et muss een nämlech d’Apdikte mat abannen, soss huet d’Teleconsultatioun kee Sënn. Merci, Här President.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci fir d’Versteedsdemech, Madamm Reding.

## 6.7332 - Projet de loi portant création d'un Observatoire national de la santé et modification

1° de la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;

2° de la loi modifiée du 25 novembre 1982 relative aux organes destinés à la transplantation ;

3° de la loi modifiée du 7 août 2012 portant création de l'établissement public « Laboratoire national de santé »

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7332 iwwert d’Kreatioun vun engem Observatoire national de la santé. D’Riedezäit ass nom Modell 1 festgehalen. An d’Wuert huet d’Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Francine Closener.

### Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **Mme Francine Closener (LSAP), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Politik gëtt gär mat knackege Begrëffer a Superlativen hantéiert, dacks zu Onrecht, awer heiandsdo och mat Recht. An haut ass dat de Fall.

Mir ginn haut de Startschoss vun enger neier Ära an der Lëtzebuurger Gesondheetspolitik, well mer mam Observatoire national de la santé en Instrument schafen, dat net nëmmen der Politik, mee sämtlechen Acteuren am Gesondheetswiesen, de Patienten a finalement all Eenzelem Interesséierten zouverlässeg, aktuell a faktebaséiert Äntwerte gëtt op d’Fro „Wéi gesond ass Lëtzebuerg haut? A wat mussen mer maachen, fir datt et gesond bleift respektiv méi gesond gëtt?“

Natierlech gëtt et haut schoonn eng Hellewull Daten a wëssenschaftlech Expertis iwwer eist Gesondheetswiesen, mee d’Coronapandemie an d’Gestioun vun der Kris hunn nach eemol ganz däitlech gemaach, wéi wichteg et ass, all déi Donnéeën net nëmmen ze hunn, mee se ze vernetzen, fir dorausser séier an effikass déi richteg Konklusiounen kënnen ze zéien.

Den Observatoire national de la santé ass en indispensable Instrument, fir e méi detailléierten an onofhängegen Iwwerbléck ze kréien iwwert d’Gesondheet vun eiser Populatioun, iwwert d’Entwécklung vu Krankheeten, iwwert de Fonctionnement an d’Qualitéit vum Gesondheetssystem a finalement iwwert d’Besoinen vun de Ressourcen a puncto Personal, Better an Equipement.

Et ass jo evident, datt et mat Hëllef vun esou engem Iwwerbléck, mat Hëllef vun Analysen a Sta-

tistiken, jee, mat esou engem Wëssen, manner komplizéiert gëtt, fir déi richteg an noutwendeg Decisiounen ze huelen am Fall vun enger Urgencë-situatioun, mee och a virun allem, fir kuerz-, mëttel- a laangfristeg Gesondheetspolitik opgrond vu kloeren Donnéeën ze maachen.

Domat, Här President, hunn ech Sënn an Zweck vum Observatoire de la santé graff resuméiert. Erlaabt mer awer trotzdeem, e wéineg méi an den Detail ze goen.

D’Missioun vum Observatoire ass, wéi den Numm et scho seet, d’Gesondheet an d’Gesondheetsversuergung vun der Populatioun ze observéieren, dat heescht, Dateninformatiounen ze sammelen, zesummenzebréngen, a Relatiounen ze setzen, ze analyséieren an dorausser och Konklusiounen ze zéien, zum Beispill fir d’Besoien a Saache Preventioun, Traitement, Material, Servicer a Personal auszemaachen an der Ministesch dann déi deementsprechend Recommandatiounen ze maachen.

Den Observatoire gëtt also eng determinant Orientatioun bei der Ausriichtung vun der Gesondheetspolitik. Aktuell gëtt et natierlech scho ganz vill Donnéeën a verschiddene Beräicher, op verschiddene Plazen, vu verschiddene Gremien, Instanzen a Verwaltungen, zum Beispill an de Ministère, an der Santédirektioun, bei der Sécurité sociale, bei der Gesondheetskeess, um Statec, an de Spideeler, op der Uni, an de Centres de recherche, bei den Dokteren, am Conseil supérieur vun de Gesondheetsberuffer an nach op ganz villen anere Plazen. D’Lëscht ass laang.

Et geet elo drëm, net nëmmen all dës wäertvoll Informatiounen ze sammelen an openeenzeleeën, mee och ze kucken, wou a wéi eng Donnéeën eigentlech nach feelen, fir datt séier ka Remédur geschafe ginn a fir da finalement e méiglechste komplett Bild ze kréien. Opgrond dovun ginn dann Avisen, Virschléi a Recommandatiounen gemaach. Den Observatoire ass deemno net nëmmen eng Beobachtungsstell, mee huet och ganz kloer eng Beroderfongtioun vis-à-vis vum Ministère, wann et drëm geet, Prioritéiten an der Gesondheetspolitik festzelleën.

Här President, d’Iddi, fir esou en Observatoire ze schafen, gëtt et schoonn zimmlech laang a mäi Kolleeg Mars Di Bartolomeo wäert herno och op den Historique agoen. D’Kreatioun vum Observatoire gouf 2013 am deemolege Koalitiounsaccord festgehalen an déi deemoleg Gesondheetsministesch Lydia Mutsch huet de Projet de loi am Juli 2018 deposéiert.

An deenen zweeahalfe Joer, déi an Tëschenzäit vergaange sinn, huet de Projet dunn e wéineg eng aner Nues kritt. Ech kommen herno drop zrëck. Virop awer e puer Wuert zu der Organisatioun an der Struktur, wéi et elo haut am haitege Gesetzestext zum Vott steet.

Den Observatoire national de la santé steet ënnert der Autoritéit vun der Santéministesch, e schafft awer en toute indépendance, souwuel, wat seng Outilen ugeet, wéi och, wat seng Feststellungen oder Propositionen betrëfft.

Et gëtt eng Administration publique, fir déi Fonctionnaire respektiv Employés a Salariés de l’État recrutéiert ginn, eng éffentlech Verwaltung wéi gesot ënnert der Autoritéit vum Santéminister, mee am Déngscht a pilotéiert vun engem Conseil des observateurs. Wat d’Kompositioun vun deem Conseil ugeet, dee setzt sech aus néng Experten aus verschiddene wëssenschaftleche Beräicher zesummen, déi sënnavoll an nützlich si fir den Observatoire, Experten aus de Beräicher Epidemiologie, Santé publique, Analys vu Gesondheetssystemer, Gestion des registres, Etüd vum Gesondheitszoustand, Gesondheitsstatistik, Économie de la santé, Demografie an dann - an dat op explizitt Demande vun der parlamentarescher Santékommissioun - kënnent och en Expert an de Conseil aus dem Beräich „patient-reported outcome measures“, deen also d’Vue an och de Vécu vun de Patientematerabréngt. Et ass e wichtegen Domän, schliisslech geet et jo eigentlech an éischter Linn ëm de Patient.

Un der Spëtzt vum Observatoire steet de President, dee souwuel aus dem Secteur public wéi och aus dem private Beräich ka kommen. En ass an engems och den hierarchesche Chef vum Personal vum Observatoire a gëtt iwwert Arrêté grand-ducal op Propos vum Minister nominéiert. D’Observateurs sinn nominéiert fir siwe Joer, hiert Mandat kann erneiert ginn.

An dann ass et och wichteg ze ernimmen, datt den Observatoire zu all Moment an zu all Theema kann Experte vu baussen erunzéien, an zwar do, wou en et selwer fir néideg hält. Et war der Santékommissioun wichteg, dat esou festzelleën a virun allem manner restriktiv ze sinn wéi ursprénglech virgesinn.

Zu de Missiounen dann: Dem Observatoire seng Aufgab ass natierlech d’Evaluatioun vum Gesondheitszoustand vun der Bevëlkerung, vun de Krankheeten, vun der Stierflechkeet, vum Risikoverhalen

an de Facteuren, déi eng Auswierkung op d’Gesondheet vun der Populatioun hunn, vun der Qualitéit, der Effizienz, der Accessibilitéit vum System an eventuell den Inegalitéiten zwëschent de verschiddene Bevëlkerungsgruppen. Eng aner Missioun besteet doran, d’Entwécklung vum de Ressourcen ze suivéieren an ze kucken, ob mer oder ob mer eeben net genuch Leit hunn an deene verschiddene Berufler, fir déi sanitär Besoinen vun der Populatioun ofzedecken - Stéchwuert: Étude LAIR. Mir hu schonn dacks hei iwwert dat Theema geschwat a mir wäerten och nach doriwwer diskutéieren.

Donieft huet den Observatoire d’Aufgab, Informatiounen an Donnéeën ze verëffentlechen - nach eng kéier -, evidenterweis iwwert de Gesondheetssystem an den Zoustand vun der Bevëlkerung, an och eebe Resultater iwwert d’Besoien u Personal. E muss, wéi scho gesot, dem Minister Prioritéiten an der éffentlecher Gesondheet proposéieren, Prioritéiten, déi a sech als Konklusioun aus sengen Etüden ervirginn.

A last but not least ass et och um Observatoire, fir d’Carte sanitaire opzestellen am Kader vum Spidolsgesetz an dem Spidolsplang. Un Aarbecht feelt et also wierklech net!

Fir all dës ënnerschiddlech Missiounen ze erfëllen, définiert den Observatoire en Tableau de bord mat Indicateuren, déi den internationale Verglach erlaben. E sammelt zentraliséiert Donnéeën an Informatiounen, weist op Beräicher hin, an deenen esou Daten nach feelen. Déi Donnéeë kommen natierlech net vun aleng. Den Observatoire kritt déi Donnéeën an Informatiounen, déi e brauch, vun den éffentlechen Administratiounen, den Établissements publics, aneren Organismen, wuelverstane pseudonomiséiert an am Respekt vum Dateschutz.

An op Basis dovunner mécht den Observatoire Analysen, Etüden an ënnerschiddlech Rapporten, all Joer e Rapport d’activités annuel plus een thematesche Rapport iwwert de Beräich, deen e selwer als prioritär ugesäit. All dräi Joer kënnent d’niert en nationale Rapport eraus iwwert de Gesondheitszoustand vun der Populatioun, d’Déterminants de la santé an de Gesondheetssystem plus eng Beschreiwung, eng Analys an eng Evaluatioun vun deene verschiddene Gesondheetspoliticken. Dës Rapporte ginn natierlech verëffentlecht an un d’Regierung an d’Chamber kommunikiert.

Här President, zousätzlech gëtt vun dësem Projet de loi profitéiert, fir zwee aner Gesetzer unzepasen. Engersäits geet et ëm den Don d’organes an d’Obligatioun vum Dokter, fir am DSP, dem Dossier de soins partagé, ze kucken, ob de Patient do Dispositiounen a Saachen Organspend gespäichert huet, notament eng Déclaration d’opposition par rapport zum Prelevement vu sengen Organer no sengem Doud.

Anerersäits geet et ëm d’Gesetz vum LNS, dem Staatslabo. D’Modifikatiounen concernéieren d’Missioun vum LNS an deem Sënn, datt de Staatslabo och Analysen a Kontrollen am Kader vum Konsumenteschutz a fir den zoustänneg Ministère ka maachen, datt déi Missiounen e legale Kader kréien.

Zréck awer nach bei den Observatoire de la santé, bei d’Weiderentwécklung vum Projet an déi verschiddenen Avisen. Am initiale Projet de loi, wéi en am Juli 2018 deposéiert war, war nach eng aner Struktur virgesinn, nämlech mat engem Conseil des observateurs, dee sech aus héije Vertrieder vu Ministère an Acteuren aus dem Santéberäich zesummegeat hätt, assistéiert da vun engem zweete Conseil, engem Conseil scientifique, deen déi wëssenschaftlech Qualitéit vun der Aarbecht hätt solle garantéieren.

2019 koum et dunn awer no engem Gespréich tëscht dem deemolege Gesondheitsminister an dem Staatsrot zu Regierungsamendementen, déi eebe virgesinn, datt dee Conseil des observateurs zesummegeat gëtt aus Experten aus verschiddene Beräicher an engem Observatoire, deen als éffentlech Verwaltung fonctionéiert, mat un der Spëtzt engem President, deen och à plein temps fir déi Aufgab disponibel ass.

Déi nei Orientéierung an an engems och Entpoliti-séierung vum Observatoire national de la santé ass allgemeng begréisst ginn an der Gesondheetskommissioun, mee zu engem gudden Deel awer och an deene verschiddene Stellungnamen zum Projet de loi.

Effektiv haten déi verschidde Beruffschamberen, Organisatiounen, Vertriidungen aus dem Gesondheitsberäich an hiren Avisen zu der initialer Zesummesetzung vum Observatoire alleguete gefrot, datt hire Beräich och oder nach méi sollt am Observatoire vertruede sinn.

De Risiko wär dobäi natierlech gewiescht, eng schwéierfällg administrativ Struktur ze schafen, wou déi verschidden, deels entgéintgesaten Interéte riskéiert hätten, sech eeben an Interessekonflikter ze verléieren. Wéi d’Gesondheitsministesch Paulette Lenert et an der Kommissioun och sot: „Et ass méi am Sënn vun der Saach, e Panel ze

hu vun Experte wéi e weidert politescht Organ am Genre vum Gesondheetsdësch.“ Elo ginn d’Observateuren opgrond vun hire Kompetenzen genannt an net, well se e bestëmmten Organisme vertrieden. An d’Kommissioun huet dat, wéi gesot, ausdrécklech och begréisst.

Dann nach e puer Wuert zu de Froen, déi an der Kommissioun an och an den Avisen opgeworf goufen. Wéi ass et mam Beräich „santé au travail“? Abee, déi ass souwisou Partie intégrante vun der éffentlecher Gesondheet, gëtt also d’office hei matgekuckt - Stéchwuert „Health in All Policies“.

Da gouf och d’Fro vun der Neutralitéit opgeworf: Déi ass garantéiert, och wann d’Struktur ënnert der Autoritéit steet vum Gesondheitsministère, mee dat ass jo näischt Ongewéinlech. Wat dann d’Prozeduren an d’Modalitéiten a puncto Fonctionnement ugeet, déi stinn alleguerten an engem Règlement grand-ducal, deen der Kommissioun transmettéiert gouf.

A finalement ass méi dacks d’Fro komm vun der Saisine. Do ass de Projet de loi kloer: Den Observatoire ka sech autosaiséieren an de Gesondheitsminister kann e saiséieren a soss keen. Eng aner Saisine vu baussen ass net virgesinn. Bon, firwat net? Ma well den Observatoire soss géif riskéieren, vu verschiddene Lobbyen an Interessengruppen am Fong zougeschott a paralyséiert ze ginn.

Et ass natierlech awer fir jidderee méiglech, entweder mat sengem Uleies iwwert de Ministère ze fueren, fir datt en Theema behandelt an analyséiert gëtt, an anerersäits ass och duerch déi breet an divers Besetzung vum Conseil garantéiert, datt all relevant Theeme behandelt ginn duerch Autosaisine. Sécherlech wäert den Observatoire pertinent Propose vun de Forces vives aus dem Santéberäich opgräifen. Natierlech kann en awer och net alles gläichzäiteg maachen.

D’Chambre des Fonctionnaires huet dann nach eng Kritik formuléiert, datt de President och aus dem Secteur privé ka kommen. Et ass nun awer emol esou, datt déi meescht Acteuren am Santéberäich ënner privatem Statut schaffen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e puer Wieder zur Prozedur. D’Schafe vum Observatoire stoung, wéi gesot, 2013 am Regierungsprogramm. 2018 gouf de Projet de loi deposéiert. 2019 am Fréijor diskutéiere Ministeren a Conseil d’État iwwert d’Struktur. Doropshi kënnent et am Juli 2019 zu enger éischter Serie vu Regierungsamendementen, déi déi Changementen an der Struktur an an der Zesummesetzung virgesinn, déi ech virdrun ernimmt hunn. Am September 2019 läit den Avis vum Staatsrot vir, am Januar 2020 dann eng zweet Serie vu Regierungsamendementen, am Mäerz den éischten Avis complémentaire vum Conseil d’État an dann am November - bedéngt duerch d’Pandemie hate mer do e puer Méint Zäit verluer - kommen déi parlamentaresch Amendementen, virun allem fir sécherstellen, datt och d’Interéte vum Patient vertruede sinn an d’Observateurs Suppléantë kréien, am Dezember 2020 finalement den zweeten Avis complémentaire vum Staatsrot.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et stëmmt, datt dësse Projet de loi relativ laang Zäit gebraucht huet vum éischte Konzept an Entworf bis haut, wou en zum Vott steet. Dat kann een engersäits bedauern, anerersäits sinn awer déi Changementen, déi de Projet matgemaach huet, sënnavoll, nützlich. En plus, elo, wou d’Pandemie an hire Krisemanagement nach ëmmer voll amgaange sinn, ass eis nach eemol virun Ae geféiert ginn, wéi wichteg et ass, all eis Efforten ze bündelen, aktuell fiabel Donnéeën ze hunn, ze kréien an ze vernetzen, zesummenzeschaffen.

Dësen Observatoire ass en decisiivt Puzzlestéck, fir eis Gesondheetsversuergung ze optimiséieren, en Instrument, op dat mer net kënnen verzichten. An ech si wierklech frou, datt déi successiv Gesondheitsministesch a -ministeren un dësse Projet gleeft, dorunner festgehalen an e konsequent verbessert hunn.

D’Gesondheet ass net alles, mee ouni Gesondheet ass alles näischt! Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- An ech soen der Madamm Rapportrice Francine Closener villmools Merci a ginn d’Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Georges Mischo. Här Mischo, Dir hutt d’Wuert.

### Discussion générale

■ **M. Georges Mischo (CSV).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken der Rapportrice, dem Francine Closener, e grouse Merci fir den ausféierleche schrëftlechen, awer och mündleche Rapport.

Ech schwätzen hei amplaz vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Jean-Marie Halsdorf, deen ech hei ganz häerzlech wëll grëssen an deem ech virun allem eng gutt Besserung wëll wënschen.





Hien huet mech am Virfeld gutt gebrieft, well hien ass eise Responsabele fir dësen Dossier, an ech kann dat dann de Mëtten hei vun him iwwerhuelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Mischo** (CSV).- De Rapport vun der Madamm Closerer huet gewisen, datt an deene leschten zweeahalfe Joer vill un dësem wichtege Text geschafft gouf. Dat ass och gutt, well den Text ass doduerch besser ginn.

Wann ee sech als Land a sengem Gesondheetssystem esou e wichtege Outil gëtt wéi en Observatoire national de la santé, da soll ee sech och déi néideg Zäit huelen, fir dat gutt ze duerchdenken, all concernéiert Acteuren ze héieren an och méiglech Iddien, déi um Dësch leien, op d'mannst ze diskutieren. Villes dovun ass gemaach ginn an do-duerch ass den Text esou evoluéiert, datt den neien Observatoire national de la santé eng reell Plus-value sollt gi fir eise Gesondheetssystem.

D'CSV huet sech och am Walprogramm 2018 ganz kloer fir d'Schafe vun engem Observatoire national de la santé ausgeschwat. Vun dohier läit et op der Hand, datt mir vum Prinzip hier den Text, dee mir haut stëmmen, begreißen.

Am éischten Entwurf vum Text war e Conseil virgesi mat néng Observateuren, dës wiere Vertrieeder vu verschidde Ministère, Administratiounen a Santésgremie gewiescht. Assistéiert gi wiere si vun engem Conseil scientifique vu fënnf Memberen aus dem wëssenschaftleche Milieu.

Op déi éischt Avisen hin ass et am Juli 2019 zu enger Serie vun Amendementer komm an d'Kompositioun vum Observatoire national de la santé ass geännert ginn. De Conseil scientifique ass ofgeschafft ginn an de Conseil des observateurs ass an e Gremium vu wëssenschaftlechen Experten ëmgewandelt ginn.

Mir begreißen dës Modifikatioun ausdrécklech. Doduerch gëtt et guer keng politesch Kompositioun méi, mee just nach eng reng wëssenschaftlech. Hei besteet dann och kee Risiko méi vun engem Waaserkapp vu Gremien, mee et ass nach ee Gremium mat Suppléanten, déi sech ëm d'Quintessenz vu sengen Aufgabe bekëmmere. Dat ass eng ganz gutt Saach.

Et muss een awer och am A behalen, datt sécher-gestallt ass, datt mir och genuch där virgesinnen Experten hunn, déi bereet sinn, hei matzeschaffen. Wa mir missten op auslännesch Experten zrëckgräfen - heiandsdo ka jo och e Bléck vu baussen op de System näischt schueden -, muss awer sécher-gestallt sinn, datt si eise Gesondheetssystem an eist Gesondheetwiese mat all senger Spezifisitéiten awer gutt genuch kennen, fir och déi néideg Conseile kënnen ze ginn.

Eppes, wat een zum Conseil och nach muss feststellen, ass, datt de Staat eleng iwwer Arrêté grand-ducal decidéiert, wien d'Observateure sinn. Hei ass keng aner Instanz matagebonnen. Et ass awer ze hoffen, datt déi éineg, déi dee Moment eng Responsabilitéit an der Regierung hunn, sech gutt berode loosse an och op den Avis vun den Acteuren vum Terrain lauschteren, wann et ëm d'Ernennung vun den Observateure geet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Kader vun de weideren Aarbechten an der Santéskommissioun goufe virun engem gudde Joer, de 7. Januar 2020, weider Amendementer ugeholl. Hei gouf och festgehalen, datt den Observatoire de la santé d'Ausschaffen an déi reegelméisseg Mise à jour vun der Carte sanitaire als Missioun kritt.

Domat ass den Text dann am Aklang mam CSV-Walprogramm vun 2018, dee Follgendes festgehalen hat: „Wir werden ein ‚Observatoire de la santé‘ schaffen, das unter strengsten Datenschutzmaßnahmen die Gesundheitsdaten, auch solche, die über die Krankenhäuser hinausgehen, systematisch anonymisiert und in einer nationalen ‚Carte sanitaire‘ zentral erfasst und ausgewertet.“

D'Experte vum Observatoire national de la santé wäerten dann elo an Zukunft all dräi Joer e Rapport ausschaffen, deen der Regierung an der Chamber virgeluecht gëtt. Et wier jo ze begreißen, wann dee Moment an der Chamber och all dräi Joer eng Debat iwwert den État de la santé vun eisem Land stattfanne géif.

D'Pandemie huet eis gewisen, wéi wichtig et ass, datt een e Gesondheetssystem huet, dee permanent evoluéiert, fir datt een, wann et néideg ass, séier genuch ka reagieren. Dofir ass et néideg, datt all déi Responsabel ëmmer den Istzoustand vun der Gesondheet vun der Populatioun kennen, e kritesche Bléck op de System hunn an och déi néideg Amélioratiounen kënnen maachen. Heifir ass den Observatoire national de la santé dee richtegen Outil an et gëtt héich Zäit, datt eist Land esou een Observatoire kritt.

Wat e bësse schued ass, dat ass, datt elo an engem Gesetz, mat deem mir eis den Observatoire national de la santé ginn, och nach profitéiert gëtt, fir e puer Modifikatiounen ze maachen, zum Beispill am Beräich vun den Organspenden oder och nach dem

LNS, déi awer näischt direkt mam Observatoire ze dinn hunn. Et wier méi propper, esou eppes an engem separaten Text ze reegelen.

Interessant gëtt et ze gesinn, wéi d'Implementatioun vum Gesetz ass. Elo gëtt e President genannt fir siwe Joer. Dee muss kucken, wéi en dat mécht a wéi dat virgeet, wéi e sech a senger wichtegeer Aufgab zurechtfinnt a wat eventuell nach fir Modifikatiounen kënnen gemaach ginn. Wéi gëtt dee Conseil eens mat senger Missiounen? Well et esou e wichtege Outil ass, dee mer eis ginn, sollte mir eis als Chamber och de Moyer ginn, no engem oder zwee Joer de Point ze maachen, fir iwwert den Observatoire ze diskutieren: Wéi et ugelaft ass, wou et eventuell higeet, wou eventuell och nach Schwie-regkeete sinn.

Ech géif elo derfir plädéieren, datt mir spéitstens an zwee Joer hei en Debat organisieren iwwert den neien Observatoire an natierlech och, ob dee senger Missioun gerecht gëtt oder net. Ech denken, dat wier wichtig, och am Sënn vun der Ministesch. Ëmmerhin ass si elo Juge et partie. Si huet eleng d'Responsabilitéit, well si de Conseil ernennt.

Dat soll awer just eng kleng Remark um Rand sinn an ännert näischt drun, datt ech hei den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Gutt, Här „Jean-Marie“ Mischo.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mischo. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas** (DP).- Merci, Här President. Zën-ter engem Joer praktesch elo ass Lëtzebuerg, an net nëmme Lëtzebuerg, an engem Ausnamezou-stand. Et kann ee soen, et ass d'Pandemie, déi eis nach wie vor fest am Grëff huet, an en Enn ass lei-der och nach net ofzegesinn. Et ass evident, datt d'Gesondheetspolitik an deene leschte Méint ganz kloer duerch déi Pandemie diktiert ginn ass. An dësen hartnäckige Virus, dee wäert leider och an Zukunft eist Liewen nach bestëmmen a mir gesinn eis deem relativ muechtlos ausgesat. Trotzdeem gëtt et awer och eng gewëssen Hoffnung, déi sech elo breetmécht eebe mam Vaccin, och wann dat sech elo net an deem Mooss entwéckelt, wéi mer eis dat vläicht virgestallt haten. Mee trotzdeem ass et awer e Lichtbléck.

Dat soll awer net verhënneren, datt mer och de Bléck sollen op aner Problemer, besonnesch wat de Gesondheitssektor ubelaangt, geheien. An et si jo ouni Zweifel nach eng Rei Chantieren, déi do op-stinn. An ee Chantier, deen haut ofgeschloss gëtt, ass dee vum Observatoire de la santé. An ech kann dat och schonn hei direkt virewech soen: Dat ass e ganz wichtege Punkt an och e Sujet, dee ganz kloer vun der Demokratescher Partei wäert ënnerstëtzt ginn!

Ech mengen, 2013 stoung e schonn an der Regie-rungserklärung, ech weess, datt sech scho virdrun iwwert déi Iddi vun engem Observatoire de la santé ëmmer vill Gedanke gemaach gouf, mee elo si mer endlech um Enn ukomm an dat ass och e gutt Enn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei zu Lëtzebuerg d'Chance, an engem Land ze lie-wen, an deem et ouni Zweifel e performante Ge-sondheetssystem gëtt. Mir hunn eng gutt medezin-nesch Versuergung, mir hunn eng gutt Spidolsinfra-struktur. Dat soll natierlech net doriwwer ewechtäu-schen, datt net alles perfekt ass, datt och mir nach permanent ëmmer mussen Adaptatiounen maachen. Mee wien e bëssen duerch d'Welt kënn, dee muss awer ganz kloer erkennen, datt Lëtzebuerg virun allem do eng Virreiderroll spilt, datt ee sech soll glécklech schätzen, dach op esou eng gutt mede-zinnesch Versuergung kënnen zrëckzegräfen.

Et gëtt och warscheinlech keen aneren Domän wéi eebe grad d'Medezinn, deen an esou enger perma-nenter Entwécklung ass. Et ass grad um Niveau vun der Medezinn, wou ee sech immens muss adaptie-ren an och andauernd kucken: „Wéi kann ech mech nach besser duerstellen?“ Ech mengen, haut schwätze mer zum Beispill vun Telemedezinn, mir schwätze scho vu Robotarmedezinn, an déi Ent-wécklung ass ouni Zweifel nach net um Enn.

Et ass elo bal op den Dag dräi Joer hier, datt mer en neit Spidolsgesetz gestëmmt haten, och dat no laangwieregen Diskussiounen, e Gesetz, dat sech jo elo an der Praxis gutt bewäert huet, wann natier-lech och do gewëssen Defiziter auszemaache sinn. Mee ech mengen, dat ass eng ganz normal Ent-wécklung.

An den Objektiv vun deem Gesetz kéint een am Fong an engem Saz zrëckbehalen. Deemools ass gesot ginn: All Bierger huet d'Recht op en equita-belen universellen Zougang zu medezinnescher Leeschtung. Ech mengen, grad dat ass d'Basis vun engem effikassen ëffentleche Gesondheits-system.

Dat heescht, nieft enger sougenannter philan-thropescher Approche muss natierlech och eng ra-tionell Approche hei matspillen. Firwat? Mee ganz einfach: Wa mer en optimale globalen ëffentleche Gesondheetssystem hunn, dann ass dat fir d'Ge-sellschaft am Endeffekt och ganz wichtig an och ganz gutt. Et däerf een natierlech d'Gesondheet elo net nëmmen op reng politesch oder ekonomesch Enjeue reduzieren. Ech mengen, et brauch een ein-fach méi eng transversal an och eng kohärent Visioun.

An an där Logik ass ouni Zweifel dës Projet vun dem Observatoire national de la santé ze begreis-sen. Et ass e Meilesteen, kann ee soen, vun eisem Gesondheetssystem, dee mer haut wäerte leeën. An e reit sech och an an déi sougenannte Charte vun Tallinn. Déi gouf 2008 ënnerschiwwen vun 53 Länner an och do war Lëtzebuerg selbstverständ-lech derbäi.

Wann een natierlech vun enger laangfristeger Ge-sondheitsstrategie schwätzt, da kënn et net der-laanscht, datt ee sech awer och op fiabel Statisti-ken an Zuelen muss kënnen beruffen. A grad d'Pan-demie, d'Gerance vun der Pandemie, déi mer nach ëmmer amgaange si maachen ze mussen, déi be-weist eis jo, wéi wichtig datt et ass, datt een awer fiabel Statistiken huet.

Natierlech beweege mer eis och do an engem rela-tiv geféierlechen Domän, well et jo och drëms geet, fir individuell Donnéeën aus dem medezinnesche Beräich ze stockieren, ze gerieren. An net méi spéit wéi virgëschter hate mer jo nach déi Diskus-sioun, och an der Santéskommissioun. Et ass ee-ben e Beräich, wou mer ganz virsiichteg musse vir-goen, net datt mer riskieren, eng Violatioun vun der Privatsphär hei ze erreechen.

Et ass also dowéinst wichtig, datt déi Donnéeë pseudonymiséiert ginn an net, wéi et ee Moment och virgesi war, anonymiséiert. Et ass op alle Fall e ganz delikate Sujet. Mee ech mengen, mir sinn awer do op engem gudden a richtege Wee.

Mee mir mussen awer dee Wee goen, well dee Schrëtt muss gewot ginn, fir eeben den observa-toire beschtméiglech kënnen herno ze ekipieren. An et ass och wichtig, datt déi Zuele kënnen schnell an och onkomplizéiert zur Verfügung gestallt ginn.

Sécher, jiddweree seet dat reegelméisseg: D'Ge-sondheet ass dat wichtegst Kapital am Liewen. Dat ass och esou. Mee wéi séier hu mer dat natierlech ëmmer erëm vergiess. Ech mengen, et soll kee sech do aushuelen. Jiddweree schwätzt vill dovun, mee mir maachen alleguerte vill Feeler, wat eeben d'Sé-cherung vun eiser eegener individueller Gesondheet ubelaangt - ech wëll dat elo net hei verdéiwen -, sief dat duerch d'Ernährung, sief dat duerch e Manktem u Bewegung. A grad do fält jo dann eeben deem neien Observatoire eng wichteg Roll zou, datt en eeben och sensibiliséiert an datt e virun allem och Pläng opstellt. Sécher hu mer där Pläng elo schonn, dat ass ganz kloer, mee hei geet et dann elo drëms, fir dat nach ze verfeinere - ech denken hei un d'Pläng fir d'Kriibsbekämpfung, géint kardiovasku-lär Krankheeten, géint chronesch Krankheeten. Also och hei eng wichteg Aufgab, déi zousätzlech op den Observatoire duerkënn.

Wat och wichtig ass, dat ass, datt den Obser-vatoire d'Politik beréit. Ech mengen, et muss ee ganz éierlech sinn: Mat e puer Ausname sinn déi meeschst Politiker awer net Fachleit. A mir beweegen eis hei an engem Domän, deen enorm wichtig ass, an dowéinst ass et vu gréisster Importenz, datt ee fachmännesch berode gëtt. An do gesi mer och eng ganz grouss Chance duerch deen neien Obser-vatoire.

Et ass och schonn hei ënnerbreet ginn: Deen Obser-vatoire huet och d'Flicht, spéitstens all dräi Joer méi e groussen nationale Rapport virzeleeën. A grad dee Rapport huet seng Wichtigkeet, well e jo, an dat steet am Gesetz, muss der Regierung pre-sentéiert ginn, mee och der Chamber muss virge-luecht ginn. An dat erlaabt eis et, besonnesch och als Chamber, fir da spéitstens all dräi Joer méi en ëmfaassenden Debat iwwert d'Gesondheetspolitik insgesamt hei zu Lëtzebuerg ze féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt jo aus deem Observatoire elo eng Verwaltung ge-maach. Iwwert d'Kompositioun ass och scho mun-ches hei gesot ginn. Dat heescht, dat Organ gëtt jo awer elo fest an dem Staatsapparat hei verwuer-zelt. An ech géif och soen, dat ass net vu Muttwëll. Wann ee weess, wat vu Volumen un Aarbecht op deen Observatoire duerkënn, dann ass et wichtig, datt awer esou eng Struktur kënn an datt och Leit vun allen Niveauen herno an där Verwaltung do eng Missioun kréien. Et wäert och net auszeschléisse sinn, datt eng Rei Fonctiounen, Servicer, déi de Mo-ment um Niveau vum Ministère de la Santé fonctio-nieren, vläicht deelweis kënnen an deen neien Ob-servatoire integréiert ginn.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et op alle Fall richtig a wichtig, datt deen neie Conseil vun Exper-ten zesummegesat gëtt. Et muss een einfach soen, mir sinn an engem Sujet, wou d'Berodung vun Ex-

perten - elo mierke mer dat jo ganz gutt erëm um Niveau vun der Pandemie - vun enger ganz grou-ser Wichtigkeet ass. Dat schléisst selbstverständ-lech net aus, datt een den Dialog och op méi engem breeden Niveau féiert, datt een och mat Institutio-nen, mat privaten Organisatiounen selbstverständ-lech ëmmer en Exchange wäert hunn.

D'Zesummesetzung kann een elo och als equili-bréiert gesinn, well, wéi gesot, do vill Aspekter vun der Gesondheet dra vertruede sinn. Ech hoffe just, datt mer all déi Poste besat kréien, well mer jo awer hei wierklech héichspezifesch Poste schafen. Ob de Lëtzebuerger Marché dat hiergëtt, dat muss sech eeben an der Zukunft elo nach weisen. An ech wëll do direkt schonn hei soen: Mir sollen eis awer op kee Fall elo eng Grenz setzen am Rekrutement vu Leit, wa se net onbedéngt vläicht eis Sprooch schwätzen oder hei vu Lëtzebuerg kommen!

Eng besonnesch Importenz fält natierlech der Fonctioun vun President zou, dem President, dee jo gläichzäiteg dann och Verwaltungsdirekter ass. Dat ass also e Fulltime-Job. Mir leenen eis hei un déi klassesch Verwaltungsstrukture vum Staat un, dat heescht also un eng Lafdauer vu siwe Joer. Dat kann natierlech nach verlängert gi bis maximal 14 Joer. Et kënnen jo dann och Experten temporaire bäi-gezu ginn. Och dat ass wichtig, wann elo punktuell Problemer géifen optauchen, datt een dee Moment dann awer ëmmer ka Referenz op spezifesch Ex-perte maachen.

Et ass jo an dem Observatoire virgesinn, datt e sech virun allem och soll mat der Entwécklung vum Per-sonalbestand befaassen. A grad do wësse mer jo, datt mer zurzäit enorm Problemer hunn an déi wäerten och a court terme, souguer vläicht och à moyen terme, net méi kleng ginn.

Ech wëll eng ganz kleng Klammer hei opmaachen. Mir hate schonn déi Diskussioun hei duerch eng In-terpellatioun vum Kolleg Marc Spautz vum 7. Juli d'lescht Joer. Mir wäerte mat Sécherheet iwwert déi dote Problematik reegelméisseg elo hei disku-tieren. Ech wëll just drop hiweisen, datt zum Bei-spill am Joer 2030 40 % vun den Infirmieren a Infir-miären a Pensioun ginn. Mir wëssen och, datt vill Generaliste feelen. Mee, wéi gesot, dat ass haut elo net onbedéngt direkt d'Thematik vun dem Punkt hei, mee et ass awer ze ënnersträichen, datt den Observatoire sech ouni Zweifel domadder muss auserneesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Woche war jo deelweis eng méi hefteg Diskussioun iwwer eng sougenannte „Privatisierung“ am ëf-fentlechen Dëngscht. Ech mengen, déi Diskussioun do muss een awer elo emol e bëssen an de riichten Eck setzen. An ech muss soen, déi Diskussioun ass och net ëmmer ganz éierlech geféiert ginn. Well wat ass eng Privatisierung? Eng Privatisierung ass, wann een engem Service, enger Institut-ioun, enger Schoul en anere Statut gëtt, wann ee se ën-ner e privatrechtleche Statut stellt, awer net, wann ee Posten ausgeschriwwen gëtt, deen theoreetes-ch aus dem Privé kéint besat ginn.

An hei wëll ech och drop hiweisen, datt den Artikel 6 (2) dat jo awer virgesäit, datt de President och kann aus dem Privé kommen. An ech stellen awer elo wierklech dann hei déi Fro: Solle mir da soen, wa mer dee Poste wëlle besetzen an et stellt sech wierklech eng Persoun zur Verfügung, déi eng héich international Renommee huet, sief dat als Medezin-ner, sief dat als Epidemiolog, sief dat als Chercheur, solle mir där Persoun da soen: „Jo, mir huelen dech, mee du muss fir d'éischt den Exame ma-chen, fir an d'A1-Karriär beim Staat ze kommen?“ Ech mengen, d'Antwort vun där Persoun, déi wësse mer alleguerte schonn, ier een d'Fro iwwerhaapt stellt.

An dowéinst, wannechgelift, loosse mer déi Diskus-sioun hei emol mat manner Emotiounen féieren an dat Wuert Privatisierung net an de Mond huelen. Hei ass keng Privatisierung ugeduecht a se ass och net ugeduecht gewiescht um Niveau zum Bei-spill vun der Educatioun, ganz au contraire. Mee et ass eebe just, fir enger Verwaltung nach méi Effi-kassitéit ze ginn, datt et méiglech ass, déi bescht-méiglech Leit ze rekrutéiere fir op esou Posten. An dowéinst ass dat fir eis jiddefalls e positiven As-pekt vun dësem Gesetz, fir gegebenefalls kënnen Leit ausserhalb vum Secteur public ze rekrutéieren.

Wat elo d'Flexibilitéit bei der Besetzung vun de Pos-ten ubelaangt, wëll ech drop hiweisen, datt zum Beispill d'Chambre des Fonctionnaires, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers Problemer hu mat der paritétescher Besetzung vun deem Conseil. Doriwwer kann een natierlech vill disku-tieren. Ech weess, dat ass ëmmer e Sujet, deen zu kontradiktoreschen Astellunge féiert. Mee och do sollte mer eis zumindest awer bewosst sinn, datt gegebenefalls vläicht eng gutt Persoun, eng héich qualifizéiert Persoun net ka rekrutéiert ginn, well se net onbedéngt dat richtig Geschlecht huet.

Et ass jo virgesinn, datt den Observatoire sech an Zukunft och ëm d'Carte sanitaire bekëmmert, déi de Moment jo ënnert der Tutelle vum Minister steet. Dat erlaabt et, eng global Datebasis iwwert





de Gesondheetszoustand vun eiser Populatioun opzestellen. Dat ass eng ganz wichteg Missioun. Déi ass natierlech de Moment och schonn do, mee kann awer elo gegebenefalls nach verfeinert ginn. An et därf een net vergiessen, datt déi Basisdonnéeën do awer och kënnen aneren Acteuren zur Verfügung gestallt ginn - ech denken un den CRP-Santé, ech denken un d'Uni. Och do soll also schonn eng breet Kooperatioun ugestriift ginn.

De Conseil ka sech selwer saiséieren. Dat ass e positiivt Element. Do kann eng eegen Dynamik entstoen, e kann eegen Iddien entwéckelen. An och dat kann nëmmen zur Beräicherung vun enger méi déif goender Diskussioun iwwert de Gesondheetszoustand hei zu Lëtzebuerg bäidroen.

Ech ginn och ganz gären zou, datt mir als Demokratesch Partei mat där éischter Virlag, wéi se deposéiert gi war, awer gewësse Problemer haten, virun allem, wat d'Kompositioun ubelaangt. Et war jo ursprénglech éischter virgesinn, fir eng Rei Staatsbeamte mat an de Conseil eranzehuelen. Ech wëll net hei falsch verstane ginn. Au contraire, mir wëssen, datt mer ganz héich kompetent Staatsbeamten hunn. Mee den Nodeel wär awer ouni Zweifel gewiescht, datt e bësselche méi eng direkt enk Relatioun entstane wär innerhalb vum Staatsapparat selwer, wat awer vläicht fir déi Missioun hei vun dem Observatoire net onbedéngt dénglech gewiescht wär.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fanne et och gutt, datt elo de Konsumenteschutzministère hei eng gewësse Roll um Niveau vun dem Observatoire spillt, datt do eng enk Relatioun hiergestallt gëtt. Dat ass wichteg, well zwëschent Konsumenteschutz a Gesondheet besteet och eng enk Relatioun, ënner anerem, wat d'Alimentatioun ubelaangt. Et ginn och nach aner Beräicher. An dowéinst ass déi ugestriiften Zesummenaarbecht hei ouni Zweifel nach eng Kéier ze ënnersträichen.

Wéi gesot, mir decidéieren haut iwwer e wichtige Projet, deem d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei fënnt. Dat wëllt net heeschen, datt mer dat, wat mer haut decidéieren, net vläicht sollen an zwee, dräi Joer eng Kéier op de Leescht huelen, datt mer eis net eng Kéier solle Gedanke maachen: „Hu mer déi richtig Decisioun getrafft?“ Dat géllt net nëmme fir dat heiten. Dat géllt natierlech och fir vill aner Decisiounen. Mee hei si mer, wéi gesot, an engem ganz wichtigen Domän. Dowéinst soll een déi Aufgab och elo scho virgesinn.

Mir hunn iwwregens praktesch och op den Dag virun dräi Joer en Observatoire de la qualité scolaire geschaaft. Elo schafe mer en Observatoire vun der Santé publique. An dat ass, wéi gesot, ganz wichteg. An an deem Sënn ass dat och e Qualitéitsprong fir d'Gesondheetspolitik insgesamt, soudatt et fir mech ganz einfach ass, den Accord vun der Demokratescher Partei ze bréngen.

Ech wëll awer nach der Madamm Closener e ganz grouse Merci aussprieche fir hire mëndleche wéi och schrëftleche Rapport. An ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Merci, Här President. Kolleeгинnen a Kolleegeen, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut gréng Luucht gi fir den nationalen Observatoire vun der Gesondheet, dann huet dee Projet schonn e laange Baart a gro Hoer. An ech schwätzen net vun 2013 un, mee vun enger Period, déi scho laang virdru läit a wou mer schonn e puer Uleef geholl hate vun der Santé, fir esou en Observatoire ze schafen. Mee bon, do hu mer net déi néideg Gnod fonnt an et huet da bis 2013 gedauert, bis dass den Observatoire da wierklech sai Wee an e Regierungsprogramm fonnt huet. Mir sinn net onschëlleg dodrun an ech viséieren do och déi fréier Gesondheetsministesch mat, well mer gesinn hunn, wat d'Plus-value vun esou engem Observatoire ka sinn.

Mee wéi heescht et esou schéin: „léiwer spéit wéi ni!“ An ech mengen, wann et nach ee Beweis gebraucht hätt, dass mer esou een Observatoire brauchen, dann ass en an deene leschten zwielef Méint geliwwert ginn, éischtens duerch déi Pandemie, mee awer och duerch déi Diskussiounen, déi mer geféiert hunn an där Rumm an doriwwer ewech, wat gegebenefalls u Personalmangel am Gesondheetssystem op eis zoukënn.

En Observatoire, dee mer virun 10, 15 Joer scho gehat hätten, hätt warscheinlech déi doten Evolutioun zu enger vu senge Prioritéite kënnen maachen an da wäre mer net dovun ofhängeg gewiescht, dass jonk zukünfte Gesondheezinner eis musse soen, wéi vill Dokteren am Ausland bleiwen, mee dann hätte mer dat kënnen selwer feststellen a mir hätten och kënnen feststellen, firwat jonk Medezinner et virzéien, am Ausland ze bleiwen. Mir wären drop opmierksam gemaach ginn, dass et urgent - urgent! - ass, fir net nëmmen d'Ausbildung, mee och d'Attributiounen vun eisem Fleegepersonal ze iwwerdenken, an, an, an.

Et gëtt där Gebitter nach ganz vill, wou en Observatoire fréi hätt kënnen warnen oder d'Politik beroden oder awer mat senge Rapporte fir déi noutwendeg Pressioun suergen, fir dass an deene Beräicher Eescht gemaach gëtt an dass d'Santé déi Moyenen och kritt, fir dat ze maachen, well ganz oft hänkt et net um Wëlle vun der Santé, vun deenen eenzelne Ministeren oder vun deenen eenzelnen Abteilungen aus dem Gesondheetsministère, ganz oft hänkt et un de Moyenen, déi een zur Verfügung gestallt kritt, fir eppes ze maachen, wat noutwendeg ass.

An ech schléissen an déi Satisfaktioun, dass de Projet elo endlech ukomm ass, eng ganz Rei vu Mataarbechter, fréier Mataarbechter an haiteg Mataarbechter, vun der Santé an, déi net midd gi sinn, fir dat heiten ze fuerderen oder et virzeschloen. An e besonnesche Gedanken un een, dee fir sech aleng laang Zäit en Observatoire an der Santé war: de Roger dit Jerry Consbruck, dee quasi am Alleingang, awer zesummen mat enger Rei vu Kolleegeen an der Santé d'Carte sanitaire gemaach huet. Do gesäit ee schonn, wat fir Moyenen zur Verfügung stoungen. An dat hei ass wierklech e Quante-sprong, deen ech ganz ausdrécklech begrëissen an iwwer deen ech mech och richtig gefreet hunn.

Eigentlech hätte mer e jo scho laang gebraucht, well mer awer immens vill Donnéeën iwwert de Gesondheetszoustand vun der Lëtzebuerger Populatioun, iwwert de Gesondheetssystem schlechthin hunn, mee déi Donnéeën, déi sinn zimmlech vurspreet: Mir kréie se vun der IGSS, mir kréie se vun der CNS, mir kréie se vun der Direktioun vun der Santé, mir kréie se vun der Fédération des hôpitaux, mir kréie se vun der Generalisten, mir kréie se vun der OMS, mir kréie se vun der OECD, mir kréie se iwwer esou Bewäertunge vu Gesondheetssystemer an Europa, wou mer eis heiansdo froen, wou si un d'Donnéeë kommen, déi mir net hunn, a wou se Donnéeë froen, déi mer net hunn, an doduerch, dass mer se net hunn, sti mer am Klassement vill méi schlecht do, wéi mer eigentlech misste stoen. All dat, all dat kënnen mer an Zukunft, mengen ech, e gudde Krack besser maachen.

Et ass virdru gesot ginn, an ech ënnerstëtzen dat voll a ganz, dass mer eis schlussendlech duerfir entscheet hunn, den Observatoire um Experten-niveau festzemaachen an net un den Interessevertiedungen, quitta dass déi Experten och wäerten e Gehéier mussen hu fir d'Leit vum Terrain, also och fir déi, déi direkt mat der Problematik a Kontakt sinn. Et ass also gutt, dass mer allméiglech Experten ..., an et sinn der vill: Epidemiologen, d'Santé publique, d'Analys vum Système de santé, d'Économie de la santé, Demographien allgemeng, awer och d'Demographie vun dem medezinneschem Personal, an, an, an, an net zulescht en Expert, deen d'Patientenzefriddenheet moosse kann.

A wéi kann een d'Patientenzefriddenheet am beschte moossen? Ma duerch d'Resultater an awer och duerch den Dialog mat de Patientevertrieder a mat de Patiente selwer. An och, wann hei elo d'Patientevertriedung als solch net optaucht, wäert d'Patientevertriedung awer mat Sécherheet e gudden Interlocuteur vun deem heiten Observatoire sinn.

Et ass also verzicht ginn, fir Interessevertiedungen eranzehuelen, déi probéiert hätten, d'Duch eeben op hir Säit ze zéien. Hei kritt ee méi en neutrale Bléck, deen awer och heiansdo gutt ass - net politesch influenziert -, och wann en ënnert der Responsabilitéit vum Ministère de la Santé fonctionéiert. Mir hunn e ganze Koup Instituter, déi ënnert der Responsabilitéit vu Ministère fonctionéieren, wat awer net wëllt heeschen, dass et eng staark Aflossnam oder eng Aflossnam vun de Ministèreen op d'Aarbechte vun deene spezialiséierte Gremie gëtt.

Ech si beim Gusty Graas, mengem Virriedner, wann e seet, et soll een déi bescht Expertise huelen, déi ee fënnt, an déi fënnt ee beim Staat, déi fënnt ee bei Établissements publics, mee déi fënnt een awer och ausserhalb. An do sollte mer eis net limitéieren.

Ech hoffen, dass mer eis och eens sinn iwwert déi Roadmap, déi den Observatoire de la santé an de Grapp gedréckt kritt. An déi Roadmap, deen Aktionsplang, déi Missioun, déi den Observatoire kritt, ass mat, fir derfir ze suergen, dass mer de Gesondheetssystem esou gestalten, wéi mer en ëmmer wollte gestalten, dat heescht, dass mer en universellen Zougang séchere fir jiddwereen, ob e räich oder aarm ass, zu deene beschtméigleche Gesondheetsdéngschtleeschungen a sécherstellen, dass een net éischter muss stierwen, wann ee méi en dënne Portmonni huet. Dat heescht also - an ech soen dat esou, wéi ech dat denken -: Mir hunn e Gesondheetssystem, deen op enger Solidarbasis fousst, a mir solle ganz gutt oppassen, ier mer déi Solidarbasis a Fro stellen. An ech warne ganz staark virdrun, eng Merkantiliséierung an de Gesondheetssystem eranzehuelen.

Duerfir fannen ech, dass deen Observatoire hei och e gudden Alliierte wäert sinn, fir eise solidaresche Gesondheetssystem net nëmmen net ze schwächen, mee en ze stäerken doduerch, dass mer evi-

denzbaséiert Donnéeë kréien, fir do aktiv ze ginn, wou et Handlungsbedarf gëtt, a fir dat, wou mer staark sinn, ofzeséieren.

Den Observatoire huet e ganz breet Aktivitéitsfeld an ech stelle mer d'Fro, ob e vun Ufank an esou opgestallt ass, dass en déi schwéier Laascht do kann droen: de Gesondheetszoustand vun der Lëtzebuerger Populatioun moossen; d'Riskoverhalen, dat de Gesondheetszoustand beaflosse kann, surveilléieren; d'Qualitéit, d'Effikassitéit, d'Accessibilitéit vun eisem Gesondheetssystem iwwerwaache respektiv analyséieren; d'Entwécklung a Saachen Infrastrukturen, Personal am A behalen; d'Zesummewierke vu verschiddene Beräicher ënnerenee féerden; d'Basisversuergung mat dem Secteur hospitalier, dem Secteur ambulatoire, dem long Séjour, der eSanté souwäit wéi méiglech notzen, fir do déi bescht-méiglech Resultater ze kréien, an, wéi virdrun erwäant, d'Patientenzefriddenheet moossen - déi kann een, wéi gesot, am beschten iwwer Resultater, déi ee moosse kann, also och oppe Bicher bei de Spideeler a bei deenen aneren, déi an d'Gesondheetsfleg eragräifen, miessen -; Virschléi maachen; beroden; d'Saisine duerch de Minister maachen, sech selwer saiséieren. Selbstverständlech kënnen och ganz gutt Virschléi vu bausse kommen, wa se dann iwwert de Minister kommen oder wann den Observatoire iwwerzeegt ass vun deene gudde Virschléi a sech dann autosaiséiert.

Et ass also e ganz wichtige Bausteen, e wëssenschaftleche Piler um Wee, fir e kohärenten nationale Gesondheetsplang en place ze setzen. Et ass eigentlech net nëmme vereinbar, mee et ass en Deel, en Element an där Demarche, déi mer elo mat dem nationale Gesondheetsdësch maachen an déi mer schonn entaméiert haten an deene Jore vun 2004 bis 2013, och an där leschter Period iwwer eis national Gesondheetskonferenz, bei där all Joer een oder méi Theemen am Brennpunkt stoungen a wou dat dann eeben eng Aufgab war, mat där d'Santé sech méi befaasst huet.

Ech ginn net op déi eenzel Rapporten an, dat huet d'Madamm Francine Closener an hirem exzellente Rapport gemaach. Ech wëll just ënnersträichen, dass den Erfolleg vun deem Observatoire steet a fält mat deene Moyenen, déi en zur Verfügung gestallt kritt. Wa mer déi bescht Experte wëllen, da kréie mer se net zum Nulltariff. A wa mer just drop waarden, dass Leit benevöll hei matschaffen, da komme mer och net wäit. Déi Moyenen, déi musse mat eisen Ambitiounen Schrëtt halen, souwuel bei der Expertis wéi bei deene Mataarbechter, déi d'Experten ënnerstëtzen doduerch, dass se hinnen zouschaffe respektiv dass se dat kënnen zu Pabeier bréngen, wat se aus den Expertenanalysen erausfannen.

Wichtig ass awer och - an e lescht Wuert dozou - déi Neierung, déi et erliichtere wäert bei Situatiounen, wou e Verongléckten, wou e Patient fir Organentnamen a Fro kënn, eng wichtig Neierung, fir d'Wëllensfannung fir den Dokter ze erliichteren, doduerch dass mer d'Opposition - wann een dat net wëllt - kënnen am Dossier partagé aschreiwen. Bon, mir sinn eis souguer all eens, dass dat net onbedéngt misst si bei enger Gesetzgebung, wou d'office jiddwereen Organspender ass, wann en an esou e Fall kënn, mee mir wëssen awer, wéi et an der Praxis ass, wann d'Famille mussen d'Decisiounen huelen oder wann d'Famille mat der Decisioun oder mat der Demande konfrontéiert ginn. Dann ass et besser, dass de Wëlle vum Patient consignéiert ass oder jiddefalls seng Opposition consignéiert ass. Dat mécht dem Dokter et méi einfach an hoffentlech dréit et och dozou bäi, dass mer bei der Statistik iwwert d'Organspenden e bësse besser do sti wéi haut.

Dat gesot wëll ech all deene Merci soen, déi un deem Projet bedeelegt waren, an der Kommissioun en härerleche Merci soen, dass se esou konstruktiv un deem heite Projet matgeschafft huet. De Fait, dass d'Patientenzefriddenheet, de Vertrieder eigentlech vum Patient, wann en duerch de Gesondheetssystem gaangen ass, an dee Projet hei erakomm ass, deen ass haaptsächlech der Kommissioun ze verdanken an dem Entgéintkommen och vun der Madamm Minister, fir dat doten am Projet festzehalen.

Well ëm wie geet et eigentlech an eisem Gesondheetssystem? Et geet eigentlech, wéi ëmmer deklaréiert gëtt, ëm de Patient. A Patient si mer alleguer, ech esouguer déi, déi e groussen Deel vun hirem Liewen Dokteren, Fleeger sinn, och si sinn iergendwann an hirem Liewen eng Kéier Patient. An duerfir ass et wichteg, dass mer alleguer dru schaffen, dass jiddwereen zefridden aus deem Gesondheetssystem erauskënn.

Dat gesot bréngen ech den Accord vun der LSAP an ech wënschen eis an lech alleguer, dass Der gesond bleift. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Merci, Här President. Kolleeгинnen a Kolleegeen, wéi d'Rapportrice Francine Closener et an hirem détailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport scho gesot huet, gëtt mat deem Projet de loi deen dréngend noutwendegen Observatoire national de la santé geschaaft.

Zousätzlech gëtt profitéiert, fir Kloeerheet an der Prozedur bei den Dons d'organes ze schafen, andeems kloergestallt gëtt, datt de Patient sai Choix am Dossier de soins partagé définéiert. Respektiv, wa keen DSP aktivéiert ass, kann en et schrëftlech maachen an dëst bei sengem Dokter hannerleeën.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

Domat ass séchergestallt, datt de Choix vum Patient besser respektéiert ka ginn, wéi dat bis elo de Fall ass, an datt d'Famill an engem schwéiere Moment vun engem Stierfall net muss eng extreem schwéier Decisioun huelen.

Ausserdeem kritt mat deem Gesetz de Laboratoire national de santé eng Missioun an der Protection des consommateurs. Ech wäert op dës zwee Punkten net weider agoen. D'Rapportrice huet dat richtig an explizitt an hirem gudde Rapport explizéiert an ech soen hir duerfir Merci.

Jo, den Observatoire de la santé war keng einfach Gebuert. Iwwer zwielef Joer si vergaangen, fir d'Ziler a Saachen Transparenz a Verëffentlechung vun Informatiounen iwwert d'Leeschungsfäegkeet vun eisem Gesondheetssystem aus der Charte de Tallinn, déi 2008 ënnerschiwwen ginn ass, an en Text ze transposéieren.

Et huet eng gewëssen Zäit gebraucht, fir e politesche Konsens ze fannen, an duerno sinn et vill Diskussiounen iwwert den Opbau vum Observatoire ginn, wat ee jo an der Evolutioun vum Texte initial zum Texte final kann noverfollegen.

Och d'Kommissioun huet de Projet am Detail diskutéiert. Ech wëllt op e puer Diskussiounspunkten agoen, déi effektiv an engem ganz konstruktive Geescht geféiert gi sinn. Ee Volet war d'Struktur vum Observatoire: éischter méi eng liicht Struktur, wéi et ufangs geplangt war, oder eng Verwaltung, déi méi staark an dem Ministère verankert ass, sou wéi de Conseil d'État et proposéiert huet?

D'Diskussioun huet haaptsächlech ëm d'Onofhängegkeet an d'Neutralitéit vum Observatoire gedréit, well de Minister d'Memberen aus dem Conseil an de President nominéiert. Mir Gréng ënnerstëtzen de Choix vun der Verwaltung, deen am Projet de loi zréckbehalde ginn ass, mat der Garantie fir d'Onofhängegkeet, déi am Artikel 3 festgehalde gëtt.

Zousätzlech Garantie fir d'Onofhängegkeet sinn, datt net just de Minister den Observatoire ka saiséieren, mee den Observatoire sech kann autosaiséieren an datt en och ouni Consultatioun vum Minister op extern Experte kann zréckgräifen, wann een et fir néideg empfennt. Ausserdeem gëtt den Observatoire vum Conseil des observateurs geréiert.

Fir den Observatoire awer net ze iwwerlaaschten, ass d'Saisine vun ausseesteeenden Acteuren net zréckbehalde ginn. Falls awer zum Beispill d'Zivillgesellschaft spezifesch Demanden hätt, verhënnert näischt, datt si déi un de Gesondheetsminister respektiv un den Observatoire erundréit, déi sech dann duerfir kënnen entscheiden, sech dem Sujet unzehuelen oder net.

Kloeer ass awer och, datt den Observatoire muss am ëffentlechen Opdrag schaffen an d'Aarbecht mat den Donnéeën de wëssenschaftstheoreeteschen Ufuerderunge vun der Wäertefräiheet ënnerleien.

Natierlech huet sech och d'Fro gestallt, wéi déi intern Struktur vum Observatoire soll ausgesinn. Mir sinn elo an der Logik vun engem Expertegremium. Am Ufankstext waren och Vertrieder aus deene verschiddene Gesondheetsberäicher virgesinn. Et huet sech awer erausgestallt, datt et schwiereng ass, ze definéieren, aus wéi enge Secteure genau d'Leit solle genannt ginn, soudatt sech duerfir entscheet ginn ass, fir just Experten zréckzebehalen.

Well Lëtzebuerg e klengt Land ass, muss ee souwuel op Experten aus dem ëffentlechen Déngscht, dem Privatsecteur an och eventuell, wann et néideg ass, aus dem Ausland zréckgräifen. déi gréng kënnen dës Expertenapproche matdroen. Hei priméiert déi wëssenschaftlech Kompetenz a Beräicher, déi et erlaben, de Gesondheetssecteur ze analyséieren a Proposen auszeschaffen. Et soll en neutrale Gremium sinn, deen Iwwerleeungen, Proposen, Statistiken, Modellisationen an esou weider ausschafft, déi da solle vun der Politik an eventuell och vun der Zivillgesellschaft diskutéiert ginn. Et soll keen zweete Gesondheetsdësch oder keng Quadripartite ginn, wou mat all de Partner aus dem Gesondheetssecteur diskutéiert gëtt, fir dann Decisiounen ze huelen.

Duerfir besteet de Conseil des observateurs aus engem Panel vu verschiddenaarwegen Experten, déi der Missioun vum Observatoire gerecht solle ginn. Falls Kompetenz feelen, kënnen extern Experte consultéiert ginn.





Der Kommissioun war et awer och wichtig - an déi gréng begrëissen dëst ausdrécklech -, datt am Conseil en Expert fir d'Miessung vu Resultater, déi vum Patient gemellt ginn, soll sëtzen, op Englesch „PROM“, „Patient reported outcome measures“, genannt. Et geet drëm, wëssenschaftlech, zouverlässeg a standardiséiert Miessungen iwwert de kierperlechen a geeschtege Gesondheitszoustand an d'soziaalt Wuelbefannen aus der Patienteperspektiv ze kréien, déi eng aner ass wéi d'Perspektiv vun de Gesondheitsberuffer.

Dir Dammen an Häre, den Observatoire de la santé wäert awer weeder Donnéeë produzéieren nach sammeln. Hie kritt se vun de Lëtzebuurger Administratiounen, Établissement-publicken an aneren Organismen dateschutzkonform zur Verfügung gestallt.

Wat vill diskutéiert ginn ass, ass, ënner wéi enger Form dës Donnéeën un den Observatoire kënnen weideregerecht ginn. Et ass d'Diskussioun: anonymiséieren oder pseudonomiséieren? Zréckbehale ginn ass d'Pseudonomiséieren, well een domat Analysméigleckeete behält, déi mat dem Anonymiséieren net méiglech sinn. Wichtig an där Diskussioun war, datt een de Lien zu verschiddenen Donnéeën op ee selwechte Patient, ouni natierlech op de Patient selwer kënnen zréckzekommen, ka maachen, fir eng méi detailléiert Vue vum Gesondheitssystem ze kréien. Och eng standardiséiert Methodologie an der EU war e sënnavollt Argument. Et ass awer evident, datt den Accès op dës Donnéeë genau muss reglementéiert sinn.

Kolleginnen a Kollegen, déi gréng begrëissen et, datt am Projet de loi eng Genderklausel festgehale ginn ass. Net manner wéi dräi Observateurs vun néng därfe vum Sexe sous-représenté an de Conseil genannt ginn. Dëst ass an der Logik vun der Gläichberechtigungspolitik vun der Regierung.

Hei wéilt ech awer eng Remark maachen: Eigentlech hätten déi gréng et begréisst, wann op d'mannst véier vun néng Observateurs vum Sexe sous-représenté misste genannt ginn, esou wéi et am originalen Text virgesi war. Et ass awer esou, datt d'Unzel vun den Observateurs am Laf vum Text op aacht erofgesat gi war an domat och d'Unzel vun den Observateurs vum Sexe sous-représenté vu véier op dräi. Wéi dunnt den Expert fir d'Miessung vu Resultater, déi vum Patient gemellt ginn, derbäikomm ass, huet d'Kommissioun leider vergiess, dëst erëm un den urspréngleche Quota unzepassen. Et ass e Punkt, deem een eventuell bei nächster Geleeënheet erëm misst upassen.

Wat awer erstaunlech ass, ass, datt souwuel d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics wéi d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce an hiren Avisen dëse Passage sträiche wollte mam Argument, datt doduerch eventuell e Posten am Conseil net besat kéint ginn.

Ech mengen, datt et wichtig ass, datt dëst bäibehale ginn ass. Mir kënnen mat der Chancëgläichheet nëmmen erfollegräich sinn, wa mer se och konsequent an alle Beräicher aktiv fërderen.

Dir Dammen an Dir Häre, wat sinn dann d'Missiounen an d'Ziler vum Observatoire? Den Observatoire ass en Instrument, fir Donnéeën iwwert d'Gesondheet vun der Bevëlkerung an d'Leeschungsfäegkeet vum System ze dokumentéieren, ze observéieren an ze analyséieren. D'Zil ass et, d'Donnéeën, déi den Observatoire zur Verfügung gestallt kritt, wëssenschaftlech ze analyséieren an ze verschaffen, fir kohärent faktebaséiert Proposen an de Gesondheitsministère kënnen weiderzegi mam Zil, de Gesondheitssystem ze verbessern. Esou kéinten op Basis vun dëse Proposen national Aktionspläng ausgeschafft an ëmgesat ginn. Dës mussen natierlech och erëm op hir Effikassitéit hin analyséiert ginn.

D'Aarbecht vum Observatoire soll iwwer Rapporten dokumentéiert ginn, järelech Aktivitéitsberichter a mindestens een themateschen Dossier an all dräi Joer e Rapport iwwert den État de santé. Dës sollen och verëffentlecht ginn, sou wéi et an der Charte de Tallinn virgesinn ass.

Interessant wär och, wann een net nëmmen d'Rapporte géif verëffentlechen, mee dës Donnéeën an interaktiven Internetsite kéint integréieren, wou jidder-een, deem interesséiert ass, kéint vun der Aarbecht vum Observatoire profitéieren. A Frankräich an an Däitschland gëtt et esou Sitten, wou een da verschidde Regiounen matenee ka vergläichen.

Den Usaz wär och interessant en vue vun enger Komparabilitéit vun de Gesondheitsdonnéeën um EU-Niveau. Et ass awer leider net einfach erauszefannen, wéi eng Sitten dann elo déi offiziell Zuele vun engem Land publizéieren. Kuckt ee sech verschidde Sitten aus de verschiddene Länner un, mierkt een, datt se verschiddearteneg opgebaut sinn. Do ass also a puncto Harmoniséierung nach Sputt no uewen.

Fir Lëtzebuerg wär et besonnesch interessant, e Verglach mat de verschiddene Regiounen aus der Groussregioun kënnen ze maachen, éischstens well

zu Lëtzebuerg vill Frontaliere schaffen an d'Groussregioun en Impakt op den État de santé zu Lëtzebuerg huet, zweetens well e Groussdeel vun de Gesondheitsberuffer aus dem Grenzgebitt kënn, drëtens well vill Frontalieren och Patient zu Lëtzebuerg sinn an och vill Lëtzebuurger fir verschidden Traitementer oder Diagnostikverfaren an d'Groussregioun auswäichen, véiertens kéint een am Kader vun der Diskussioun iwwert d'Formatioun vun de Gesondheitsberuffer an eventuell engem Unisspidol eng Analys maachen, ob et net méi sënnavoll wär, dëst an der Groussregioun ze organiséieren, a schlussendlech wëlle mer, well mer a Krisenzäite wéi elo drop ugewise sinn, datt mer eng gutt Zesummenaarbecht an der Groussregioun hunn, esou wéi dat och momentan de Fall ass.

E wichtige Beräich, an deem den Observatoire soll aktiv sinn, deem och am Projet de loi ervirgehuewe gëtt, ass dee vun de Ressourcen an de Gesondheitsberuffer, déi gebraucht ginn, fir de Besoinen am Gesondheitssystem nozekommen. Am Rapport LAIR ass schonn eng breet Analys gemaach ginn, notament och iwwert d'Regëstere vum Gesondheitspersonal, wou et der ze vill gëtt.

Den Observatoire kéint op dëser Virlag opbauen, fir Regëstere nei ze strukturéieren an ze regroupéieren en vue vun enger besserer Planifikatioun vun de Besoinen an och der Formatión bei all de Gesondheits- a Medezinnberuffer. Beispillsweis wär et sënnavoll, an engem Regëster vun den Apdikten nieft den Apdikter och d'Aides en pharmacie ze registréieren, wat am Kader vun der Impfung géint de Covid hëllefträich gewiescht wär, fir dës Leit besser ze identifizéieren.

Eng aner wichtig Missioun, déi am Projet de loi festgehale ginn ass, ass d'Ausschaffe vun der Carte sanitaire, eent vun den Haaptinstrumenter, fir d'Gesondheitspolitik ze plangen an auszerlichten, déi reegelméisseg muss un d'Entwécklung vun der Populatioun ugepasst ginn.

Kolleginnen a Kollegen, déi gréng sti ganz positiv vis-à-vis vum Observatoire de la santé, well e wäert erméiglechen, d'Lëtzebuurger Gesondheitsdonnéeën op enger Plaz zentral zesummen ze bréngen an doraus Erkenntnisser kënnen ze zéien, déi net méiglech wäeren, wann d'Donnéeën net regroupéiert géife ginn.

Mir hunn och konkret Virstellungen, wou den Observatoire kéint aktiv ginn. Natierlech falen eis als Éischt d'Gesondheitsberuffer an. Ech hunn et schonn ugeschwat a mir hunn an de leschte Méint schonn e puermol hei an der Chamber iwwert déi ganz schwiereng Situatioun zu Lëtzebuerg diskutéiert. Et besteet eng Urgence, fir Léisungen ze fannen, datt méi Jonker zu Lëtzebuerg dës Beruffer erëm wëllen erliewen. Hei mussen elo konkret Virschléi op den Dësch. Awer domat ass et net gedinn. Dat ass e Beräich, an deem permanent e Monitoring muss gemaach ginn, fir da kënnen an Zukunft matzäiten ze reagéieren.

Och de Virage ambulatoire ass en Dossier, dee sech iwwer Jore wäert hinzéien an deem ëmmer erëm muss analyséiert an adaptéiert ginn.

E Sujet, deem eis als déi gréng besonnesch um Häerz läit a bei deem mir iwwerzeegt sinn, datt et sënnavoll wär, fir dee méi genau ënnert d'Lupp ze huelen, sinn d'Preventivmedezinn an och d'Ëmweltmedezinn. Konkreet Projeten an national Pläng an dës Beräicher kéinten et erméiglechen, Krankheeten ze evitéieren, dëst nom Slogan „mieux vaut prévenir que guérir“. Natierlech kéint den Observatoire och e Suivi vun der Ëmweltklinik maachen, déi jo am CHEM geplangt ass.

En anere Beräich, wou een eng Analys brauch, fir mëttel- a laangfristeg déi richteg Decisiounen ze huelen, ass den Impakt vum Klimawandel op de Gesondheitszoustand an de Gesondheitssystem. Ech hat dozou virun engem Joer schonn eng Question parlementaire gestallt, an där ech gefrot hat, ob d'Modellisatiounen iwwer verschidden Temperatursteigerungen duerch de Klimawandel ugeduecht wäeren, fir kënnen anzeschätzen, wat den Ënnerscheed an de Konsequenzen op d'Gesondheet wär, mee och op de Gesondheitsbudget. An där Äntwert hunn ech gesot kritt, datt de Gesondheitsministère sech bei senge Mesuren am Kampf géint de Klimawandel op d'Strategie vun der OMS iwwert d'Santé, d'Ëmwelt an de Klimawandel vun 2019 géif baséieren a keng Analys virgesinn hätt.

Ech sinn awer der Meenung, datt grad dat en Thema ass, mat deem den Observatoire de la santé sech kéint mëttel- a laangfristeg befaassen, fir esou méi Previsibilitéit am Gesondheitssystem ze schafen. Esou kéinten och d'Ziler definéiert ginn, net nëmmen en vue vun 2030, esou wéi et an der „Stratégie et plan d'action pour l'adaptation aux effets du changement climatique au Luxembourg 2018-2023“ virgesinn ass, mee och doriwwer eraus.

E Problem, deem mat dem Klimawandel méi heefeg gëtt a mat deem mer elo scho méintelaang konfrontéiert sinn, si Pandemien. Et ass wichtig, datt d'Coronapandemie opgeschafft gëtt. De Staatsminister huet jo ugekënnegt, datt dat am Summer

an der Chamber soll diskutéiert ginn. Dat ass awer och en Thema, deem sech den Observatoire soll unhuelen, fir Proposen auszuschaffen, wéi een eise Gesondheitssystem méi krisefest géigeniwwer Pandemie kéint opstellen a wat ee vun Instrumenter muss schafen, fir méi proaktiv kënnen virzegoen.

D'Erkenntnisser aus de leschte Méint mussen opgeschafft ginn, fir ze analyséieren, wat den Impakt op de Gesondheitssystem am Allgemenge war, wou d'Stärkten, awer och d'Schwächen an eise Gesondheitssystem sinn, mee och fir ze wëssen, wéi d'Politik reagéiert huet - wat gouf gutt gemaach a wat ass manner gutt gelaf? - fir doraus dann déi richteg Schlëss kënnen ze zéien.

Här President, ofschléissend wéilt ech soen, datt mer et, och wann et laang gedauert huet, mat dësem Projet de loi fäerdegbréngen, en Instrument ze schafen, wou d'Gesondheitsdonnéeën ënner pseudonymiséierter Form vu Leit mat wëssenschaftlecher Expertise analyséiert a verschafft ginn, fir da Propose fir eise Gesondheitssystem auszuschaffen.

Duerch d'Publikatioun vun der Aarbecht aus dem Observatoire gëtt et dann och méiglech, datt souwuel d'Politik wéi d'Zivilgesellschaft sech un der Diskussioun kënnen bedeelegen. Den Observatoire national de la santé wäert hoffentlech en Thinktank ginn, wou de Gesondheitssystem faktebaséiert an transparent analyséiert an hannerfrot gëtt a wou iwwert déi zukünfteg Opstellung vun eise Gesondheitssystem diskutéiert gëtt mam Zil, kohärent Decisiounen ze huelen, fir och weiderhin ee fir jidderene zougängleche Gesondheitssystem ze behalen, deem awer och méi resilient vis-à-vis vu Krise muss ginn.

Aus dëse Grënn ginn ech den Accord vun der grénge Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Roy Reding. Här Reding!

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Léif Kollegen, ech därfe domat ufänken, eise President ze luwen. Et gëtt ee jo esou vill Interessantes gewuer, wann ee sech ëm Dossiere muss këmmen, déi normalerweis net an engem sengem Wirkungsfeld sinn.

(*Hilarité*)

Ech hunn dann haut déi zweifelhaft Éier, mee et ass awer och e Pleséier, fir meng Kollegen ze ersetzen an Domänen, an deenen ech a priori net doheem sinn.

Wat mer awer gefall huet am President senger Interventioun, dat war, wéi en drop higewisen huet, datt mer eng Medezinn brauche fir all Mënsch, fir Räich an Aarm, datt merkanitil Aspekter keng Roll solle spillen. An als een, dee virun eppes méi wéi enger Woch operéiert ginn ass, wëll ech dann hei op d'Kinéen opmierksam maachen. Et huet elo näischt mam Observatoire ze dinn, mee wéi weineg déi Leit verdéngen an hirem Tarif a wéi wichtig datt se si fir d'Gesondheet ..., well déi gutt Operatioun vum Chirurg ass eng Saach, mee d'Mobilitéit, déi kriss de zréck vun engem Kiné. An duerfir, vu ganzem Häerzen un d'Ministesch: Wannechgelift, vergiesst eis Kinéen net a kuckt, mat hinnen e konstruktivt Gespréich ze féieren!

Esou, dann zum Observatoire. All meng Virriedner, d'Rapportrice an éischter Linn an och déi aner Virriedner, hunn zur Genüge duergeluecht, firwat datt dat e richtigen, e gudden an en néidege Projet ass, deem och eis Ënnerstëtzung voll a ganz fënn.

De Jeff Engelen huet mer just opgedroen, op ee Punkt opmierksam ze maachen, an dat ass d'Angscht virun der Objektivitéit, der Onofhängegkeet vun deem Gremium. D'Rapportrice huet gesot: Neutralitéit trotz Autoritéit. Dat ass ganz schéin, wann dat esou klappt. Hoffe mer, datt dat esou geet! Well d'Santé mécht jo hei eigentlech, well si jo d'Opdrä gëtt, Analysen aus hirer Siicht iwwert de Gesondheitssystem an duerfir ass et ëmsou méi wichtig, datt déi Neutralitéit an d'Objektivitéit vun deem geschafenen Organ garantéiert sinn. Déi Tutelle, dat ass awer ëmmer eng riskant Saach, an och dann dee Wee, datt et d'Santé ass, déi dat Organ befaasst.

Naja, loosse mer emol kucken, wat draus gëtt. Wëlle mer dat Beschte hoffen a wann een hofft, da soll een och kontrolléieren. An duerfir ginn ech eng Motioun of, an där mer froen, datt mer fënnf Joer ... - et ass virdru vum Kolleg Mischo gesot ginn, zwee Joer, ech denken, fënnf Joer, datt ee wierklech gesäit, wéi dat sech ugelooss huet. An da maache mer eng Evaluatioun, net iwwer spezifesch Theemen, mee iwwert den Observatoire en tant que tel, wéi gutt an effikass datt e geschafft huet. Wannechgelift, Här President.

**Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten:*

*begréisst, datt*

*- dat neit Organ „Observatoire national de la santé“ geschafe gëtt,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- datt der Chamber spéitstens 5 Joer, nodeems dat entsprecheend Gesetz a Kraaft getrueden ass, eng onofhängeg Evaluatioun vum Observatoire national de la santé präsentéiert gëtt.*

(s.) Roy Reding.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci villmools.

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Voilà, ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech ginn elo op d'Horeca-Demonstratioun.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och dem Här Reding. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - ... datt et um Här Baum ass.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Ech kann och duerno!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Nee, et ass ..., kommt! Hei steet zwar den Här Wagner, den Här Wagner ass dann haut den Här Baum an den Här Clement kennt nom Här Wagner-Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Den Här Wagner an ech schéngen a leschter Zäit méi dacks matenee verwiesselt ze ginn. Dat ass awer guer net schlëmm, well mer eis jo och ganz dacks eens sinn, wa mer iwwer Sujete schwätzen.

■ **M. André Bauler (DP).** - Dir sidd manner gro.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, den Observatoire national de la santé, deem elo heimadder geschafe gëtt, ass e Gremium, deem eigentlech iwwerfällg ass. Et ass iwwerfällg, datt mer Donnéeën iwwert de Gesondheitszoustand an d'Gesondheitsversuergung hei zu Lëtzebuerg schafen, Donnéeë geréieren a gläichzäiteg och Donnéeën zentraliséieren, fir och kënnen op Grondlag vun deenen Donnéeën Decisiounen ze huelen.

An et ass net nëmmen eréischt zënter der Pandemie an der Coronakris, datt mengen ech, ganz ville bewosst ginn ass, datt eis genau dat doten awer felt, fir kënnen eeben objektiv, faktebaséiert Decisiounen ze huelen, fir de Santéssystem insgesamt an natierlech fir de Spidolssystem am Speziellen.

Et ass vu menge Virriedner, mengen ech, ganz villes ganz Richteges dozou gesot ginn. Ech wëll mech duerfir vläicht op zwee, dräi Aspekter beschränken.

Mir begrëissen als Lénk ganz besonnesch, datt eng vun deene Missiounen, déi den Observatoire national de santé kritt, doranner besteet, den Accès, den Zougang zu dem Gesondheitssystem ze iwwerkucken, ze iwwerpräiwen, ze evaluéieren, ob deem Accès dann och wierklech garantéiert ass, wat d'Hürden eventuell sinn, wat deem Accès zum Gesondheitssystem ugeet. A mir wëssen alleguer, datt déi universal Gesondheitsversuergung zwar en allgemengt Zil ass, awer nach ëmmer net allgemeng Wierklechkeet, well soss bräichte mer Associatiounen wéi Médecins du monde net. Dat ass eng ganz wichtig Fonctioun an eng ganz wichtig Missioun, déi den Observatoire national de la santé kritt.

An dann och eppes, wat mer ausdrécklech begrëissen, datt ass d'Fro vun den Inegalitéiten, déi et gëllt ze identifizéieren, wat d'Santésversuergung ugeet. An do, grad wat d'Inegalitéiten ugeet, hu mer zu Lëtzebuerg bis elo ganz weineg Zuelematerial. Et gëtt europäesch Zuelen, déi deelweis ganz alarmistesche sinn, déi weisen, datt jee no Berufsgrupp d'Liewenserwaardung vun deene Leit, déi ënner bestëmmte Konditiounen schaffen, komplett anescht ass, komplett changéiert, datt jee no sozioekonomescher Schicht, där een ugehéiert, d'Liewenserwaardung an domadder natierlech och d'Santé komplett anescht ass a variéiert.

Duerfir mengen ech, datt déi Inegalitéiten ze identifizéieren an d'Propositionen ze maachen, wéi ee se iwwerwanne kann, eppes ass, wou mer zu Lëtzebuerg net grad komplett, awer a ganz groussen Zich Neiland betrieden. An ech mengen, datt dat wichtig ass, besonnesch wann een ëmmer gär vu Cohésion sociale schwätzt. Dat hei ass eng Liewensfro an eng Iwwerliewensfro.

Et geet awer och - an dat ass och vun enger ganzer Rëtsch Virriedner, vu bal allen Avise positiv begréisst ginn - drëm, d'Carte sanitaire auszuschaffen. Dat ass an engem Amendement bäikomm, well virdrun d'Situatioun kokass war, datt et jo awer d'Direction de la santé war, déi d'Carte sanitaire ausgeschafft huet, op Grondlag vun där dann de Spidolsplang entwéckelt ginn ass. Dat heescht, datt d'Santé quasi esou wéi „juge et partie“ war.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

An ech mengen, datt et nëmme sënnavoll a vun Notzen ass, wann do eng awer onofhängeg Instanz déi Bestandsopnam vun Gesondheitssystem maache kann, fir dann doropshin och kënnen dem Gesondheitsministère eppes virzeleeën, wou een dann eng politesch Decisioun op Grondlag vun där Bestandsopnam maache kann.





Begrëissenswäert ass och d'Publikatioun, dat heescht, datt all Joer e klassesche Rapport annuel gemaach gëtt, mee awer och e Rapport thématique, vun deem ee sech deemno wéi souguer vläicht méi erwaarden an erhoffe kann a Kenntnisser erwaarde kann, wéi dat op jidde Fall am Moment de Fall ass. Och dat ass, mengen ech, eppes ganz Sënnvolles, wat mer bis elo nach net esou haten, an da virun allem och déi Rapporten all dräi Joer, déi dann och eng Grondlag kënnen sinn, fir wierklech eng ëffentlech an eng politesch Debatt ze féieren iwwert d'Orientéierung vun eisem Gesondheetssystem, iwwert d'Performance vun eisem Gesondheetssystem an awer och iwwert d'Schwaachstellen, déi kënnen identifizéiert ginn.

Mir begrëssen och, datt et en onofhängegt Organ ass, dat sech der Fro vun de Personalressourcë soll unhuelen. Och dat schéngt eis eng ganz zentral Fro ze sinn. Eventuell kënn, an et kann ee just hoffen, deen Observatoire dann och vläicht zur Konklusioun, datt dee Personalschlëssel, deen am Moment applizéiert gëtt fir d'Spideeler an deen Ausdrock ass vun Personalmangel, wierklech eng Kéier misst weesentlech iwwerduecht ginn. An ech mengen, datt een, grad fir esou Reflexiounen ze maachen, eng gewëssen Independance brauch, och eng Independance par rapport zum Ministère, quitte datt et, an däers si mer eis jo och bewosst, just eng formal Independance ass.

Ech mengen awer, datt et an enger ganzer Rëtsch Beräicher vun Administratiounen oder vu Gesellschaftsfelder eeben och esou Administratiounen ginn, wou et zwar e Ministère de tutelle gëtt, mee wou d'Independance an d'Gesetz ageschriwwen ass. Dat ass och hei de Fall. An ech mengen, datt d'Eruwuesse vun deem Observatoire och dora besteet, fir déi Independance och auszeüben a fir sech domadder och selwer eng gewëssen Emanzipatioun vun Ministère de tutelle eventuell ze ginn.

Eppes, wat awer an eisen Ae méi kritesch ze betruechten ass, datt ass d'Fro vun der Kompositioun. Et huet jo, nodeems Regierungsamendementen deposéiert gi sinn, zu enger anerer Struktur vun deem Gremium gefouert. Am Ufank war virgesinn, e Conseil des observateurs ze schafen, dee selwer erëm berode wier vun engem Conseil scientifique. Dat ass elo zesummegeholl ginn an ee grouesse Conseil des observateurs, deen elo just nach aus Experte besteet.

Do kann ee soen: Op där enger Säit kann dat e Garant sinn, fir wierklech déi Onofhängegkeet, déi gewënscht ass, och kënnen ze garantéieren. Op där anerer Säit muss een awer och soen, datt eng Gefor doranner besteet, datt dat kann en technokratesche Gremium ginn, deem seng Missioun jo awer och doranner besteet, Recommandatiounen ze maachen, politesch Recommandatiounen, déi deemno wéi immens wäit kënnen goen. Déi kënnen esou wäit goe fir ze hëllefen, d'Prioritéit vun der Gesondheitsversuergung festzeleeën.

Ech muss lech awer och éierlech soen, an dat ass jo och e Bedenke gewiescht, dee vu verschiddene Beruffskummeren oder vun enger Beruffskummer an awer och vun de Professions de santé ausgeschwat ginn ass, datt si elo net méi an deem Observatoire représentéiert sinn. An ech mengen, datt déi Fro vun där Netrepresentatioun méi ass wéi en Nombriasmus vun där enger oder där anerer Organisatioun, mee datt dohannert awer och d'Fro steet, ob net d'Vertrieder vun de Salariéë respektiv d'Vertrieder vun de Patienten elo net méi un der Quell si vun der Genèse vun Informatiounen, wat de Gesondheitszoustand vun Land ugeet, dat verbonne mat der Netméiglechkeet, deen Observatoire extern ze saiséieren.

An dat ass eng Fro, déi een awer, mengen ech, sollt kritesch evaluéieren. Ech mengen och, datt mer net derlaanschtkommen, an e puer Joer nach eng Kéier déi Diskussioun hei opzeweeren, datt mer wierklech musse kucken, datt et net zu deem kënnt, wat eventuell ze fäerten ass, nämlich zu engem technokratesche Gremium, dee sech quasi op eng bestëmmten Aart a Weis verselbststännegt a wou d'Politik sech da kann hannendru verstoppen, fir eigentlech politesch Decisiounen domadder ze rechtfertegen. Dat däerf et net ginn! Ech soen och net, datt dat hei d'Intentioun an iergendenger Form ass, fir dat esou ze maachen, ech warne just, datt dat kéint eng Gefor sinn, an dat musse mer, mengen ech, alleguerte kucken, ganz genee am A ze halen, an datt mer och sollen eng Evaluatioun vun deem Observatoire maachen, zesumme mat enger ëmfaassender Debatt vun eventuellen éischte Resultater, déi dësen Observatoire eis dann och als Chamber an der Ëffentlechkeet insgesamt liwwert.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Baum. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen: „3 in 1“, bekannt aus der Werbung an elo och an der Chamber. Dëst Gesetz mam Intitulé de citation „loi du, Datum, portant création d'un Observatoire national de la santé“

léisst een am éischte Moment vläicht gleewen, et géif nëmmen ëm eppes goen: ëm en Observatoire national de la santé. Mee wäit gefeelt!

Eng Dispositioun iwwer Organspenden an eng iwwert d'Zesummenaarbecht tëscht dem LNS, dem Laboratoire national de santé, an dem Ministère fir de Konsumenteschutz gëtt et gratis nach mat dobäi.

Gesäit esou en transparente Gesetzgebungsprozess aus? Nee! Fënnt de Conseil d'État esou Cavaliers législatifs gutt? Nee! Hunn ech hei am héijen Haus scho méi wéi eemol gesot, datt dës Praxis, an engem Gesetz Ännerungen ze verstauen, déi guer näischt mam eigentleche Sujet ze dinn hunn, absolut inakzeptabel ass? Op alle Fall! Mee änneren deet sech trotzdem näischt.

Ech fäerten esou lues, datt d'Uleies, d'lëtzebuergesch Gesetzgebung transparent a lieserlech ze gestalten, e ganz perséinleche Kampf hei géint d'Wandmille gëtt. Mee bis elo sinn ech es nach net midd, mech ze widderhuelen, a wäert duerfir haut an och nach bei all kommandem Gesetz, dat duerch ze vill Querverweiser oder eng Vermëschung vu Sujeten opfällt, drun erënnere, datt eng Gesetzgebung eppes Klores a Verständlechtes soll sinn a kee chaotesche Mischmasch.

Mee gutt, dat ass wuel e laange Prozess an e Problem, deen och haut hei net geléist wäert ginn. An duerfir wäert ech dann d'Riedezäit fir dëse Projet an dräi deelen a mech deenen dräi ganz verschiddene Sujete widmen.

Ech fänken awer u mat engem Merci un d'Rapportrice, déi hei eeben déi dräi Theemen och duergeluecht huet, ech mengen och, datt esou jiddweree verstanen huet, ëm wat et geet. Duerfir kommen ech dann och direkt op eis Punkten ze schwätzen.

Fänke mer mam Observatoire national de la santé un. D'Covidpandemie huet eis gewisen, wéi wichteg Datenerhiewung an och wëssenschaftlech Etüde fir eng gutt Gesondheitspolitik sinn. Nëmme wa bekannt ass, wou d'Problemer leien a wéi se kéinte vermidden oder geléist ginn, kann d'Politik déi richtig Mesuren huelen.

Mir Piraten freeën eis duerfir, datt en onofhängegen Observatoire an Zukunft soll Informatiounen iwwert de Gesondheitszoustand vun der Populatioun sammelen, evaluéieren, awëifern et Ënnerscheeder tëscht de Populatiounsgruppe gëtt, wat hir Gesondheet ugeet, a villfältig Etüde lancéieren. Dat ass eng wichteg Missioun, net nëmme fir d'Santé publique, mee och fir d'Gläichstellung an Integratioun, wann zum Beispill erausfonnt géif ginn, datt verschidde Persounengruppe vu gewësse medezinneschen Offere manner Gebrauch maache wéi anerer an duerfir vläicht méi oft mat bestëmmte Symptomer ze kämpfen hunn.

Iwwert déi gesetzlech virgeschriwwen Publikatioun an Diffusioun vu Fuerschungsergebnater an Informatiounen iwwert de Gesondheitszoustand vun der Bevëlkerung eraus géife mir Piraten eis awer freeën, wann den Observatoire och Daten, mat deene geschafft gouf, an anonymiséierter Form géif publizéieren. Et ass gutt, eng Institutioun ze hunn, déi Recherche mécht, mee nach besser ass et, zousätzlech Fuerscher aus dem ganze Land a souguer international Daten zur Verfügung ze stellen, déi och vun hinne kënnen ausgewäert ginn, ganz am Sënn vun Open Science, well esou kënnen Resultater iwwerpräift a villfältigst Auswärtung gemaach ginn.

Wat d'Besetzung vun Observatoire betrëfft, ënnerstëtzen d'Piraten, datt et e Conseil soll si mat Experten mat verschiddenste Kompetenzen aus dem Beräich vun der Santé a, virun allem, datt se onofhängeg hir Observatiounen, Constaten a Propositionen ausschaffen, mee mir wëllen hei awer ze bedenke ginn, datt ee sech d'Fro stelle muss, an dat gouf virun och e puermol gemaach, awëifern eng wierklech Onofhängegkeet iwwerhaupt méiglech ass bei duerch e Minister gewielten a vum Staat bezuelte Membere vun engem Conseil.

Mir verstinn, datt esou en Observatoire, an dee staatlech Gelder, an zwar net ze knapp, fléissen, och enger gewësser staatlecher Kontroll soll ënnerleien, hoffen awer, datt d'Regierung hei vun hirem Aflosskader esou weínege wéi méiglech Gebrauch wäert maachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, loosst mech dann zum zweeten Deel vun dësem Gesetz kommen. An entschëllegt dësen e weínege abrupten Theemewissel, wann ech elo op eemol de Sujet vun den Organspenden uschwätzen. Dëst ass awer, wéi gesot, der Aart a Weis, wéi an dësem Gesetzestext Sujete vermëscht goufen, geschëllt an net menger Volontéit, déi Theemen einfach mateneen ze vermëschen.

D'Fro, ob een no sengem Doud seng Organer wëllt spenden oder net, dat ass keng einfach. Eigentlech weess een, datt ee se jo selwer, nodeems ee verstuerwen ass, net méi brauch. An awer erfëllt d'Iddi, iergendwann net méi do ze sinn an Deeler vu sech fort ze ginn, mat Schrecken. Et ass en düüstert Thema. A wann een net muss, da wëllt een am

léifste guer net doriwwer nodenken. Wann ee sech awer Zäit senges Liewens net mat der Fro vun enger méiglecher Organspend auserneeetzt, kann dat fir d'Frënn an d'Famill, déi zum Beispill am Fall vun engem onerwaarten a schwéieren Accident mussen ugin, ob dee Verletzten, déidlech Veronglëckten, jee ugin huet, net wëllen Organspender ze sinn, ganz schwéier ginn.

Fir jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn, seng Entscheedung bezüglech enger Organspend individuell ze huelen a festzehalen, gëtt mat dësem Gesetz elo also festgehalten, datt d'Fro, ob een Organspender wëllt sinn oder net, am digitalen Dossier de soins partagé agedroe ka ginn an datt dësen Dossier am Noutfall vum Dokter consultéiert ka ginn, fir engem Patient säin diesbezügliche Wonsch ofzeliesen.

Fir all déi Persounen, déi keen digitale Patienten-dossier wëllen hunn, besteet dobäi natierlech weiderhin folgend Méiglechkeet, an do wëll ech och hei e fernen Appell maachen, fir vun deene Méiglechkeete Gebrauch ze maachen: Dir kënnt eng App eroflueden, wou Der Äre Wonsch kënnt hannerleeën, Dir kënnt lech de klasseschen Auswäis, den Don-d'organes-Auswäis, an Äre Portmonni leeën. A schwätzt mat Äre Frënn a mat Ärer Famill doriwwer, wat Äre Wonsch ass, well nëmme wann Äre Wonsch kloer artikuliert gëtt, kann een en och no Ärem Doud suivéieren.

Et ass extreem wichteg, de Leit einfach Weeër unzibidden, fir hire Wonsch zu dësem dach sensibelen Sujet auszudrücken, an duerfir ënnerstëtze mir et och, datt een dat heite kann an Zukunft am Dossier de soins partagé androen, obwuel, an da kommen ech erëm op dat, wat ech am Ufank gesot hunn, mer eis gewënscht hätten, et wier e separaten Text gewiescht, well mam Observatoire national de la santé hunn d'Organspenden nun emol häerzlech weínege ze dinn, mat Ausnam, datt et bei deenen zwou Saachen ëm d'Santé geet.

An dat bréngt mech dann och schonn zum leschte Punkt, dem drëtten Deel, deen u sech och en eegene Projet gebraucht hätt, nämlich dem Laboratoire national de santé. Och do geet et just erëm ëm d'Santé, et ass awer hei nach e bësse manner no un der Santé wéi d'Organspenden, well hei geet et u sech drëm, dem Ministère fir Konsumenteschutz déi néideg Expertis zur Säit ze stellen. An duerfir soll den LNS dem Ministère an Zukunft bei Analysen, Kontrollen a Recherchen am Beräich vum Konsumenteschutz hëllefen.

D'Kompetenze vum LNS goufen duerfir ausgeweit an och eng Konventioun zwëschent den zwou Entitéiten, déi hir Kollaboratioun definéiere soll, ass virgesinn. Ouni weider Awänn kann ech awer och zu dësem Deel vun Gesetz den Accord vun de Piraten ginn, esou datt mer de gesamte Projet vun haut trotz senger chaotescher Form matstëmme wäerten. Hei iwwerweit den Inhalt zu der Form. Mee ech wënsche mer trotzdem, datt an Zukunft vun änleche Vermëschunge bei Gesetzesprojete géif ofgesi ginn.

Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Virop och e grouesse Merci fir deen ausféierleche Rapport vum Francine Closener, deen de ganzen Historique och hei zrëckgeholl huet an déi eenzel Iwwerleeungen, déi en cours de route gefouert gi sinn. Dat ass fir mech och ëmmer flott, dat erëm nei ze héieren, vu dass ech dee ganze Wee hei net konnt begleeden. Ech hunn d'Chance, e Projet ze ierwen, dee laang gedeit huet. An ech muss soen, ech hunn e ganz grouesse Respekt virun Ären Erwaardungen. Ech gesinn, dass d'Erwaardungen grouss si par rapport zu dësem Projet. Dat freet mech. Et ass en ambitiöse Projet an et ass eng grouss Charge, fir dësen dann elo mat Liewen ze fëllen. Vum Pabeier an d'Realitéit ass, wéi mer wëssen, e grouesse Wee.

Qualitéit ass eppes, wouvu mer oft a gäre schwätzen. Jiddwereen huet eng Virstellung dovunner. A wann een awer e bësselechen dru kraz geet, da mierkt een, dass dat guer net esou evident ass, Qualitéit ze definéieren.

Ech war op eng Etüd gestouss haut de Moien, wéi ech préparéiert hunn, woubäi Leit aus dem Gesondheitssecteur gefrot gi sinn: „Wat ass Qualitéit am Gesondheitssecteur?“, a wou déi meescht net richtig woussten, wat se sech do wierklech sollten drënner kënnen virstellen.

Wat awer gutt ass, ass, dass et e gemeinsaamt Zil ass, dat mer alleguerten hunn. Jiddweree weess iergendwou instinktiv, wat e sech vu Qualitéit erwaart, an et ass och e grouesse Konsens do, dass mer alleguerten zesumme Qualitéit wëllen.

Et muss een natierlech wëssen, an duerfir ass dëse Projet wierklech wichteg, dass Qualitéit sech net

vum selwe mécht. Et ass eppes ganz Komplexes. Et brauch eng Expertis ronderëm dat, wat ee wëllt weiderbréngen, wou ee Progrès wëllt kréien. Et brauch eng Method, fir déi Qualitéit ze erfassen, fir se ze moossen. An et brauch och e gewësse Recul. Et ass eppes, wat ee ganz schwéier ka maachen, wann ee grad mam Kapp am Guidon hânt. Duerfir ass d'Iddi vun esou engem Observatoire, deen e bësselechen am Recul schafft, deen onofhängeg ass, dee sech wierklech ka mam System befaassen, ouni onbedéngt am System selwer ze dréien, déi richtig Approche.

Et brauch een, wann ee wëllt moossen, natierlech Donnéeën. Donnéeë gesinn och ëmmer ganz einfach aus, wann ee se opbereet gesäit. Mee fir kloer, propper Donnéeën ze hunn, déi vergläichbar sinn, dat ass eppes ganz Komplexes. Mir mierken dat grad am Moment. An der Coronakris gëtt immens vill verglach tëscht de Länner - wat leeft wou? Et muss ee schonn en Accord hunn op engem System, wéi een Daten erhieft, fir dass se richtig vergläichbar sinn. Och dat ass eng grouss Ambitioun.

Ech mengen, déi éischt Ambitioun soll sinn, déi Daten hei am Land anstänneg ze erhiewen, soudass mer richtig kënnen de Progrès moossen, mee dat och natierlech doriwwer eraus op europäeschem Plang, et ass ugeschwat gi virun, esou opzebereeden, dass mer eis och wierklech kënnen vergläiche mat anere Länner, fir ze gesinn, wou eventuell doudeg Wénkele sinn, wou Plagë sinn, wou mer nach kënnen norüsten, wou mer gutt stinn, wou mer manner gutt stinn.

Qualitéit huet och méi Dimensiounen. Et ass ugeschwat ginn, ee ganz wichtige Volet ass d'Accessibilitéit vum Gesondheetssystem. Dat ass och eppes, wat einfach kléngt, wat awer guer net esou selbstverständlech ass. An dës Kris huet et och ganz kloer nach eng Kéier wéi an engem Brennglas gewisen, an anere Länner an ech sinn iwwerzeegt och bei eis.

Et ass wichteg, déi Analysen ze maachen, well Gesondheet fir jiddwereen ass séier gesot, datt ass awer net esou. Do gëtt et immens vill Ënnerscheeder nach. An och bei eis am Land gëtt et do sécherlech nach Ënnerscheeder, un deenen ee muss schaffen. Net jiddwereen huet déi selwecht Viraussetzungen, fir eng gutt Preventioun ze maachen. Liewensbedéngunge spille mat eran, wa mer vu Gesondheet schwätzen. An do geet et drëms, och wierklech ze kucken: Wou sinn do d'doudeg Wénkele? Dat ass dee ganze Sozialvolet ronderëm d'Medezinn, deen ass net aus den Aen ze verléieren. An do ass et och ganz gutt, dass dat eng Qualitätsdimensioun ass vun engem Observatoire, déi wierklech soll an der Déift gekuckt ginn.

Doniewent geet et natierlech och ëm Sécherheet, et geet ëm Effizienz, ëm Effikassitéit an der Behandlung, et geet dorëm, Krankheeten ze verstoen, se gutt ze verstoen, richtig ze verstoen. Firwat? Natierlech mam Zil, se beschtméiglech en charge ze huelen, mee doriwwer eraus och Preventioun ze maachen, se ze evitéieren à la base duerch allméiglech Schrauwen, un deene ka gedréit ginn. An do ass d'Preventioun e ganz groussen Deel dovunner.

Et ass ugeschwat ginn: Den Afloss vun der Ëmwelt op eis Gesondheet däerf net aus den Ae verluer ginn! Et geet net just ëm d'Behandlung, et geet wierklech och doriwwer eraus drëm ze kucken, vill méi fréi unzesetzen, ze verstoen, wat mécht, dass mer krank ginn, wat mécht, dass mer chronesch krank sinn, a wou ee muss usetzen, fir sech do fir d'Zukunft anescht opzustellen.

Da kënnt natierlech déi Dimensioun vum Plangen. Si ass och e puermol ugeschwat ginn. Mir wëssen, dass dat eng grouss Erausforderung hei am Land ass. Eng Saach ass, ze wëssen, wou mer wëllen handeln. Nach muss ee sech awer kënnen esou opstellen, dass een dat dann och gestäipt kritt. Do ass et och eng grouss Erausforderung fir déi nei Institutioun, déi hei geschafe gëtt, wierklech op den Donnéeë Projektiounen ze maachen, fir déi Ressourcen, déi mer hunn, beschtméiglech anzesetzen, effizient anzesetzen an och laangfristeg ze plangen.

Transparenz, dat ass fir mech dee weesentlechten Aspekt hei dobäi. Ech gleewen drun, dass déi heiten Institutioun hir Onofhängegkeet sécherlech wäert kënnen wouerhuelen an där Form, wéi et elo ugeduecht ass. Et ass engersäits eng ëffentlech Verwaltung, wat ech gutt fannen, dass dat an ëffentlecher Hand ass. Anersäits ass duerch d'Gesetz wierklech d'Onofhängegkeet gefestegt a garantéiert. Dat heescht, dës Leit kréien keng Opdrag vum Gesondheitsminister. Si kënnen mat engem Thema befaasst ginn, mee si bleiwe fräi an deem, wat se maachen. Si bleiwen och fräi, sech ze auto-saiséieren. Wa se vläicht Problematike gesinn, déi een um Niveau vun der Politik net erkennt, sou ass et dëse Leit dach awer ginn, fir sech selwer ze saiséieren an och do de Finger an d'Wonn ze leeën, wou si se mat hirer Expertis gesinn.

Ech sinn duerfir ganz frou, dass genuch Fräiraum ginn ass, och bei der Selektioun vun den Experten, déi hei sollen dës Aarbecht bewerkstelleen an





Zukunft. Dat kënnen souwuel déi sinn, déi direkt am Gremium dra sinn, mee et kann och Expertis vu baussen beméit ginn, wat sécherlech vu grousssem Interesse ass jee no Theema, op deem ee schafft, wou ee vläicht net onbedéngt op Dauer en Expert brauch, awer vläicht punktuell op engem bestëmmten Theema, wou ee sech ka Leit bäischalten.

A kuerze Wierder: Et geet drëms, dass Qualitéit net just e Mythos bleift, mee dass mer hei wierklech eng Institutioun hunn, déi eis duerch hiert Schaffen eng Basis gëtt, eng Basis, déi dann den ëffentlechen Debat kann alimentéieren. Asoufern sinn ech och iwwerzeegt, dass dat heite kee politescht Instrument ass. Déi Informatiounen, déi opbereet ginn, déi dénge justement dozou, lech alleguerten, eis alleguerten, de Leit dobaussen déi Informatiounen esou opzebereeden, déi ee brauch, fir da kënnen e politeschen Debat ronderëm d'Gesondheetsspolitik ze féieren.

Et ass net d'Aarbecht selwer, déi eng politescht Aarbecht ass. Dat ass den Input, dee mir alleguerten zesumme brauchen, fir wierklech an aller Transparenz da kënnen iwwer Gesondheetsspolitik ze schwätzen an och Iddien ze developpéieren.

Wourëms geet et elo?

Et geet drëms, schnellstméiglech dësen Observatoire mat Liewen ze féllen. Dat ass och méi séier gesot wéi gemaach. Ech mengen, et ass wichteg, sech hei elo déi néideg Zäit ze huelen, déi richteg Leit en place ze kréien, sech och eng Methodologie de travail ze ginn, ze iwwerleeën, wat d'Prioritéite solle sinn, op deene geschafft gëtt. Eng Rei Attributione si vum Gesetz virgesinn, mee doriwwer eraus si sécherlech ... Ech sinn iwwerzeegt, jiddwer Einzelnen huet Iddien, wouop dësen Observatoire scho kéint a sollt a misst schaffen. A fir mech ass et wichteg, an der éischter Phas effektiv elo déi néideg Zäit anzekloen, fir dëse Gremium anstänneg opzestellen, dass déi Leit sech fannen an dass een da vun do aus eng seriö Aarbecht an Zukunft ka maachen.

Ech begréissen dofir och de Wonsch, fir eng Kéier e Bilan ze zéien, sief et schonn eng Kéier no zwee Joer, fir ze kucken: Wat ass dann elo ginn aus dësem Observatoire? Am Moment ass dat eng Co-quietude. Mir hunn alleguerten eng Iddi ronderëm. Mir hunn eng Basis am Gesetz. Mee elo geet et drëms, déi richteg Leit och ze fannen, en place ze setzen, Prioritéiten ze setzen. An do kann et no zwee Joer sécherlech schonn e gudden Moment sinn, fir ze gesinn, wat aus dem Bëbee ginn ass.

Doriwwer eraus, fir eng Evaluatioun, eng éischt Evaluatioun vun der Aarbecht selwer, schéngt mer den Delai, dee genannt ginn ass, vu fënnf Joer méi appropriéiert. Ech mengen, dat brauch Ulfzäit. D'Leit mussen d'Zäit hunn, déi Aarbecht do och an der Déift kënnen ze maachen, soudass ech deen duebelen Delai eigentlech ganz interessant fannen, fir eng éischte Kéier e Bilan ze zéien: Jo, wou sti mer mam Observatoire? Wéi schafft deen Observatoire? Wéi ass en opgestallt? Wat si seng Prioritéiten? Wat ass säi Programme de travail, deen e sech gëtt? Et gëtt eng Verwaltung. Ech erënneren drun, dass all Verwaltung sech en Aarbechtsprogramm ze ginn huet, en Dräijoresplang. Och dës nei Verwaltung wäert dat musse maachen. An dat alles brauch Zäit a soll och déi néideg Zäit huelen, déi et da brauch, fir e seriösen Output hinze kréien.

De Wee ass also nach e laangen. Ech freeë mech jiddefalls. Et ass e ganz ambitiöse Projet. Ech kann lech op alle Fall versécheren, dass ech mäint wäert dozou bäidroen, dat heiten esou gutt wéi méiglech gestart ze kréien, an hoffen dann derbäi ze si bei deene Rendez-vousen, déi mer eis ginn, fir ze presentéieren, wat aus dësem Observatoire ginn ass. Et ass e wichteg Instrument fir eist Land. Et ass en Instrument, dat gefeelt huet an eisem Envrionnement, dee mer ronderëm d'Gesondheetsspolitik hunn, an dat waart nëmmen drop, geféllt ze ginn.

Voilà. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7332. Den Text steet am Document parlementaire 7332<sup>18</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7332 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dëse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly*

*Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Laurent Mosar), Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding), Fred Keup (par M. Gilles Roth) et Roy Reding;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Motioun, déi vun der ADR-Sensibilitéit deposéiert ginn ass, wou eng onofhängeg Evaluatioun vum Observatoire no fënnf Joer gefrot ginn ass.

**Motion 1**

Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun huelen? D'Madamm Francine Closener kritt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Jo, villmools merci, Här President. Ech wollt dem Här Reding Merci soe fir déi Motioun. Ech mengen, et ass an eiser aller Interêt, dass mer eng Evaluatioun vun deem Observatoire maachen. Et ass jo fir d'éischte Kéier, dass mer esou e Gremium hei schafen, a mir hu jo vill dorunner geschafft. An ech mengen, dass mer och wëlle séchergoen, och als Chamber, dass bei deem Gremium genau dat erauskënnt, wat mer eis virstellen.

Duerfir géif ech proposéieren, déi Motioun unzehuelen an eeben a fënnf Joer genau esou eng Evaluatioun ze maachen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Closener.

Kënnen mer à main levée ofstëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la motion 1**

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

## 7. 7480 - Projet de loi modifiant :

**1° la loi du 16 mars 2009 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide ;**

**2° la loi modifiée du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient**

An da kéime mer zum Projet 7480. An ech géif der Rapportrice, der Madamm Cécile Hemmen, d'Wuert zu dësem Projet ginn, fir deen de Basismodell als Riedezäit festgeluecht ass. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.** - Très bien!

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Eigentlech ass dëst e Gesetz, wou et haaptsächlech drëms geet, fir zwou respektiv dräi Ännerunge virzehuelen, dovunner zwou um Gesetz vum 16. Mäerz 2009 iwwert d'Euthanasie an d'Stierfhëllef an eng Ännerung um Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Rechter an d'Flichte vun de Patienten. Et ass e ganz schwéiert Theema, dat un dës Gesetzgeber geknäppt ass, an eleng duerfir ass et mer och wichteg, fir e klengen historesche Réckbléck ze maachen.

Wéi d'Gesetzgeber iwwert d'Soins palliatifs an dat iwwert d'Stierfhëllef am Dezember 2008 hei an der Chamber gestëmmt goufen, war dat den Ofschloss vu längeren a ganz kontroversen Diskussiounen an Debaten.

En Débat d'orientation an der Chamber gouf et schonn am Mäerz 1999. Deemools stoung dat souzesoen e bëssen a Relatioun mam Euthanasiegesetz an Holland, dat am Joer 2000 gestëmmt gouf. D'Belsch ass du kuerz drop nogezunn.

Am Februar 2002 war den Depot vun enger Proposition de loi 4909 vun eiser Parteikolleeigin Lydie Err an dem Jean Huss vun déi gréng, 2003 den Débat d'orientation hei an der Chamber mat Rapport vun der Commission spéciale éthique iwwert d'Médecine palliative, den Acharnement thérapeutique an d'Euthanasie. An deem Rapport war et de Constat vum Droit à l'autodétermination an dem Refus vum Acharnement thérapeutique, dem Recht och op Soins palliatifs, den Traitements adéquats de la douleur an engem gudden Accompagnement um Liewensenn.

A Saachen Euthanasie ass dës Commission spéciale éthique sech awer net esou ganz eens ginn. Fir déi eng huet e Recht op Stierfhëllef zum Recht op Autodétermination gehéiert, fir déi aner war dat moralesch net akzeptabel an et war eng Atteinte à la vie.

Am Dezember 2008 war schlussendlech de Vott vun de Gesetzgeber iwwert d'Soins palliatifs, d'Directives anticipées an den Accompagnement en fin de vie an iwwert d'Euthanasie an d'Assistance au suicide.

Deemools, Dir Dammen an Dir Hären, gouf op verschiddene Säite gefaart, et géif zu engem reegerechten Euthanasietourismus kommen hei zu Lëtzebuerg. Dat war awer net de Fall. Och leien d'Demanden, fir vun der Stierfhëllef Gebrauch ze maachen, bei enger Moyenne vu ronn siwe Fäll pro Joer.

Nach e klengen Bilan vun zéng Joer vun 2009 bis 2018, dat Joer, an deem mer dee leschte Rapport presentéiert krute vun der Commission d'évaluation. Am Ganzen hunn an zéng Joer 71 Persounen gefrot, fir Hëllef beim Stierwen ze kréien. Allgemeng goufen dës Demanden vun de Betraffenen an der Situatioun selwer formuléiert. Nëmmen an engem Fall ass eng Euthanasie virgeholl ginn opgrond vun enger Demande, déi am Virus an der Disposition de fin de vie ausgedréckt gi war. An der grousser Majoritéit waren et Persounen iwwer 60 Joer, déi eng Euthanasie gefrot hunn. Praktizéiert goufe se zum gréissten Deel am Alter vu 40 bis 71 Joer am Spidol, 20 Persounen sinn doheem mat enger Stierfhëllef gestuerwen an eng 10 just an de Strukturen.

Meeschtens, an dat an 58 vun 71 Fäll, hunn déi Betraffen un enger Kriibserkrankung gelidden, a 7 un enger Maladie neurodégénérative. Zweifel, ob elo d'Konditiounen vum Gesetz erfëllt waren - also de fräi ausgedréckte Wëlle vun deem Betraffenen, deen an enger „situation médicale sans issue“ ass an deem säi physescht a psychesch Leide „constant, insupportable et sans perspective d'amélioration“ ass, an dass den Dokter och all Oplage vum Gesetz erfëllt -, gouf et bei der Commission de contrôle et d'évaluation bei kenger vun dësen 71 Euthanasien.

Just als Informatioun: Bis Enn 2018 goufen 3.317 Dispositions de fin de vie enregistréiert.

Mëttlerweil, zwielef Joer nom Vott vum Gesetz iwwert d'Euthanasie an d'Stierfhëllef, ginn dann haut mat dësem Gesetz dräi Upassunge gemaach, déi sech opgrond vun der Erfahrung als ganz néideg erweisen hunn. Et si wichteg Ännerungen, déi och zanter Jore vun der Commission nationale de contrôle et d'évaluation an hire Rapporte proposéiert, jo souguer gefrot goufen.

Esou gëtt am Artikel 6 vum Gesetz vum 2009 en neien Alinea bäigefüügt, dee sech op d'Zesummesetzung vun der Commission nationale de contrôle et d'évaluation bezitt. Et sinn néng Memberen an där Kommissioun, déi zesummekënnt, wann eng Demande fir eng Stierfhëllef virläit, a si kann och nëmmen tagen, wann och op d'mannst siwe Membere present sinn. An der Praxis ass et net ëmmer einfach, fir d'Reuniounen vun där Kommissioun ze organiséieren, wou jo de Quorum muss erfëllt sinn. Et war wichteg, fir do eng Léisung ze fannen an och nozebesseren, well d'Problemer beim Fonctionnement vun där Kommissioun riskéieren, zu Delaien a Waardezäite bei der Analys vun der Demande vun enger Euthanasie ze féieren.

Esou gi mer mat dësem Gesetz op de Wee, fir dass all Member och e Membre suppléant sollt hunn. Opgrond vum Avis vum Staatsrot gouf preziséiert, dass d'Membres suppléants no den nämmlechte Krittären designéiert gi wéi d'Membere selwer, soudass déi ursprénglech Kompositioun vun dëser Kommissioun sech deemno net ännert, dat heescht dräi Dokteren, dräi Juristen, ee Verrieder vun de Professions de santé an zwee Verrieder vun enger Organisation, déi sech fir d'Patienterechter asetzt.

Déi zweet Modifikatioun ass en Ajout zum Artikel 15, dee seet, dass den Doud vun enger Persoun, wou op Euthanasie oder Assistance au suicide zréckgegraff gouf, mat engem natierlechen Doud, also mat „mort naturelle“ gläichstellen ass. De Commentaire vun dësem Artikel seet, dass heiduerch d'Konsequenze vum Doud méi einfach gereegelt ginn a puncto Liewensversécherungen, déi jo am Fall vun engem Suicide bekanntlech net spillen.

Wat elo d'Deklaratioun an d'Kommunikatioun ugeet un déi ëffentlech Instanzen, do ännert sech awer

näischt. An d'Justiz muss an alle Fäll hir Aarbecht kënnen maachen.

Grad op dëser Plaz wëilt ech op en Austausch hiweisen an der Santéskommissioun vum 24. September 2019, an dat bei Geleeënheet vun der Presentatioun vum fënnefte Rapport vun der Kontrollkommissioun. Et wier wichteg ze betounen, dass de Recours fir eng Euthanasie oder eng Stierfhëllef ëmmer nach eng grouss Ausnam ass. All d'Froer ronderëm déi schwéier Thematik gi mat vill Seriö, mat Mënschlechkeet a Professionalismus behandelt.

Ech wëilt och hei nach eemol drun erënneren, dass schwéier krank Leit, déi ënnert d'Applikatioun vum Gesetz falen, ganz prezis Konditiounen mussen erfëllen, ënner anerem, dass se an enger „situation médicale sans issue“ sinn an dass hir physesche oder psychesch Leide „constant, insupportable et sans perspective d'amélioration“ sinn. Si kënnen jo och selwer de Choix maachen, fir hirem leedvollen an aussichtslose Liewen e wierdegt Enn ze erméiglechen.

Ech kommen dann elo nach zu der drëtter Ännerung, déi an dësem Projet de loi virgesinn ass. Si betrëfft d'Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Droits et obligations du patient. Do geet et drëms, dass d'Personne de confiance, déi, déi am Kader vum dësem Gesetz virgesinn ass, déi selwecht ass wéi déi, déi bei de Soins palliatifs an enger Stierfhëllef consultéiert gëtt. Duerfir gëtt am Gesetz iwwert d'Patienterechter, méi genee am Artikel 12, eng Referenz op d'Gesetz iwwert d'Stierfhëllef bäigesat.

Nach vläicht zu e puer Recommandatiounen a Froen, déi vun der Commission de contrôle an d'évaluation opgeworf goufen, nieft dësen dräi Ännerungen, déi jo dann haut virgeholl goufen.

Gefrot gi besser a méi ausféierlech Informatiounen an domadder d'Sensibilisatioun vum Grand public. Gefrot gëtt och, dass d'Formation schlussendlech méi pousséiert soll si fir d'Dokteren an och d'Gesondheetspersounal, wat d'Soins palliatifs an d'Euthanasie, d'Assistance au suicide soll beinhalten, d'Obligatioun, fir bei der Admissioun am Spidol oder enger Flegestruktur ze froen, ob de Patient, de Resident d'Dispositions de fin de vie festgesat huet.

An zwou bis dräi Question-parlementaire goufen och interessant Äntwerte geliwwert. D'Fro zum Beispill vum fräie Choix an Zougang vun de Patienten zum Akt vun der Euthanasie an de verschiddenste Strukturen, dat sollt eigentlech garantéiert sinn, war an enger Äntwert vum Minister Étienne Schneider ze liesen 2019 am November: « L'ensemble des établissements hospitaliers, y compris les établissements d'accueil pour personnes en fin de vie, devraient ainsi prévoir la possibilité pour leurs patients de bénéficier d'une euthanasie ou d'une assistance au suicide dans un environnement adéquat et digne. »

Bei Refus vun engem Dokter, fir eng Euthanasie ze maachen - an dat Recht steet explizitt och am Gesetz -, sollten d'Strukturen eng fest Prozedur hunn, fir séier an adequat kënnen op d'Demande vum Patient ze reagéieren.

Gefrot war och an enger Question parlementaire, wéi et mat der Tarifikatioun bei der CNS wier. Och hei eng kloer Äntwert vum Minister Schneider: « les actes médicaux liés à l'euthanasie peuvent être mis en compte avec les codes figurant dans la nomenclature actuelle des actes et services des médecins. » Domat sinn déi Akten ofgedeckt an et muss deemno net nogebessert ginn an der Nomenclature.

Fir nach ganz komplett ze sinn, wëilt ech natierlech och nach op déi parlamentaresch Prozedur ze schwätze kommen. Dëse Gesetzestext gouf den 3. Oktober 2019 vum Minister Schneider deposéiert. Den Avis vum Staatsrot koum de 16. Juni 2020. An der Reunioun vun der Santéskommissioun vum 20. Oktober 2020 gouf de Gesetzestext presentéiert grad och wéi den Avis vum Staatsrot an ech hat d'Éier, fir Rapportrice genannt ze ginn. De Rapport, mäi schréftleche Rapport, gouf den 2. Februar an der Santéskommissioun majoritär ugeholl.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech ginn natierlech d'Zoustëmmung vu menger Partei. Merci!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen der Madamm Rapportrice, der Madamm Cécile Hemmen, villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Françoise Hetto-Gaasch. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke géif ech wëllen der Rapportrice e grouse Merci soe fir hire ganz explizitte schréftlechen an och mündleche Rapport.

Dir hutt et héieren: Mir huelen also haut dräi kleng Upassungen um Euthanasiegesetz vum 2009 vir. An